**Le 20 septembre 2024, le ministère de la Culture organisa des *Assises sectorielles de la production audiovisuelle* au Ciné Starlight du CNA à Dudelange. Le ZLS – Zenter fir d'lëtzebuerger Sprooch a transcrit toutes les discussions en langue originale avec l'aide de son outil *Schreifmaschinn.lu.***

**Programme de la matinée :**

**Mot de bienvenue par Eric Thill, ministre de la Culture**

**Présentation : *Le secteur de la production audiovisuelle en chiffres* par Philippe Robin, expert en statistiques de la culture et de l'audiovisuel**

**Suivi de deux table-rondes thématiques (voir plus loin).**

**Animation des débats : Emile V. Schlesser et Fabien Colas**

***Émile Schlesser:*** Da kënne mer jo elo lassleeën. E wonnerschéine gudde Moien alleguerten an häerzlech wëllkomm am Numm vum Kulturministère hei bei den Assisen. Et ass eng grouss Freed, de Sall esou voll ze gesinn, domadder hate mer wierklech net gerechent, de Fabio an ech. Mir hate geduecht, et géife vläicht sou eng Dose Leit hei sëtzen ze gaapsen. Da gesi mer da gëschter op Instagram, dass do Leit händeringend nach no Plaze sech beméit hunn, fir sech hei nach ranzequetschen. Dofir merci, dass Der an aller Herrgottsfréi nach zu sou vill heihinnerkomm sidd. Mir sinn hei, fir iwwer de Lëtzebuerger Film ze poteren, oder wéi et offiziell heescht: *Assises sectorielles de la production audiovisuelle.* A fir dass dat Ganzt net allze fad sollt iwwer d'Bün goen, hu se sech beim Kulturministère iwwerluecht, dann déi zwee Braddeler vum Podcast, deem enge Filmpodcast do, ze invitéieren, fir d'Moderatioun ze halen. An elo hutt Der eis gelueden. Mir probéieren eist Gutt an eist Bescht, fir dass déi zwou Table-ronden, déi mer fir Iech preparéiert hunn, sou produktiv an interessant an sou mann langweileg wéi nëmme méiglech iwwert d'Bün ginn. Ech sinn ee vun deenen zwee Braddeler, mäin Numm ass Émile Schlesser, an hei ass den anere Braddeler, dat ass de Fabien Colas.

***Fabien Colas:*** Wëllkomm. Merci, dass Der alleguerten hei sidd. Ob mer allen zwee Braddeler sinn, stellt sech haut dann nach eraus haut hoffentlech. Mir hu vill ze beschwätzen. Mir hunn Theemen, iwwer déi mer wëllen haut schwätzen, net vill Zäit, mee ech mengen, d'Iddi ass, dass mer ufänken, driwwer ze schwätzen, an dono déi Konversatioune weiderféieren. Wéi Der mierkt, fënnt alles haut op Lëtzebuergesch statt. Ech hoffe fir déi, déi kee Lëtzebuergesch schwätzen, dass Der Är Kopfhörer krut beim Erakommen. Mir héieren elo gläich e puer Statistiken iwwer eise Secteur vum Här Philippe Robin, mee ier mer domat ufänken nach e Mot de bienvenue vun eisem Kulturminister, dem Här Thill.

**Mot de bienvenue par Eric Thill, ministre de la Culture**

***Eric Thill:*** Merci, léif Madamm Deputéiert, léift Djuna (Bernard, ndlr), léiwe Gilles Zeimet, Direkter hei vum CNA. E grousse Merci och op dëser Plaz direkt fir dee léiwe Wëllkomm hei am schéine Kino, Här Direkter, léiwe Guy (Daleiden, ndlr.) vum Filmfong, léif Kreativer, Kënschtler a Kënschtlerinnen, Dir Dammen an Hären Techniker an Technikerinnen, Produzenten a Produzentinnen aus dem Lëtzebuerger Filmberäich, an natierlech och léif Vertrieder vun der Press. Iech alleguerten en häerzleche Wëllkomm hei zu Diddeleng op eise Filmassisen, déi éischt Kéier organiséiert vum Kulturministère. Ech si ganz, ganz frou, an dat ass scho gesot ginn, dass Der Iech hei zu sou vill haut de Moien hei zu Diddeleng afonnt hutt, an dat weist, an do sinn ech ganz houfreg driwwer, dass den Interessi um Lëtzebuerger Film, um Lëtzebuerger Filmsecteur, ganz, ganz grouss ass. Wéi vill vun Iech wëssen, war et mäi konkreete Wonsch, datt de Film nees ënnert d'Haapttutelle vum Kulturministère sollt kommen.

Den audiovisuelle Secteur ass a mengen Aen e ganz wichtegen, en elementairë Secteur, e Pilier vun eiser nationaler Kulturzeen. Fir mech war dësen Zeenewiessel oder dëse Cut och symbolesch wichteg. D'Filmproduktioun ass sécherlech eng Industrie. Mir kréie gläich, an dat ass och scho gesot ginn, d'Chifferen heizou presentéiert, mee jo, dat wëll ech hei op dëser Plaz ganz kloer ënnersträichen, de Film ass fir mech ganz kloer och Konscht, Kultur. Dës éischt sektoriell Assisen, déi eeben hei vum Kulturministère an Zesummenaarbecht mam Filmfong a mam CNA organiséiert ginn an déi, an dat fannen ech och ganz wichteg, fir de Public op sinn, sollen dem Austausch déngen, der Diskussioun, an ons alleguerte Piste ginn, wéi mer dëse Secteur och an deenen nächste Joren nach weider kënne stäerken.

Wat ass de Lëtzebuerger Film? Ech mengen, dat ass eng Fro, déi mer alleguerte kennen, déi mer oft héieren. Ass et zum Beispill *De Superjhemp*, deen de lokale Public an de Kinoen hei am Land begeeschtert huet? Ass et de *Mr Hublot*, deen eis en Oskar bruecht huet op Lëtzebuerg? Ass et dem Wang Bing seng international Trilogie, d'Dokumentatioun *Youth*? Ass et och vläicht den *Oto's Planet*, eng VR-Experienz, déi ugangs des Mounts zu Venedeg ausgezeechent gouf? Oder sinn et awer vläicht *d'Filmreakter-Quickies*, déi an engem ganz liichte Format ville jonke Filmschafenden erlaben, éischt Schrëtt, éischt Versich am Film ze maachen? Dat ass eng gutt Fro. Fir mech ass et ganz kloer, dat wëll ech hei däitlech ënnersträichen, dat alles zesummen. Dat ass de Lëtzebuerger Film.

Léif alleguerten, an deene leschte Méint, néng Méint sinn et elo schonn, war ech vill um Terrain, ech hunn der vill vun Iech kenne geléiert, perséinlech. Ech war vill ënnerwee, hei am Land, am Ausland, fir mer en eegent Bild ze maachen iwwer de Lëtzebuerger Filmsecteur a fir mer Är Aarbecht duerch d'Lëns vun Iech, de Filmschafenden, och méi genau unzekucken. Ech hunn op verschiddenen Tournagë verschiddene vun Iech iwwer d'Schëllere gekuckt an ech war och am Filmland zu Kielen op Besuch. Ech war op verschiddene Festivaller am Ausland an ech hat e reegelméissegen Austausch mat Iech an och mat ville Federatiounen hei am Filmberäich. Bei dëse Rendez-vouse konnt ech allkéiers d'Häerzblutt, déi grouss Passioun, déi an de Film gestach gëtt, direkt erkennen, déi kreativ Oder erkennen an d'Léift zum Detail. Lëtzebuerg ass ewell reegelméisseg op deene groussen A-Festivallen an der Selektioun an, jo, et héiert een och ëmmer rëm am Ausland, datt ons Techniker, eis Technikerinnen a vill aner Sparten aus dem Film op ganz, ganz héijem Niveau schaffen. Och ëmmer méi Lëtzebuerger Schauspiller, Schauspillerinne sinn op deenen auslänneschen Ecranen ze gesinn. Ons Produzenten a Produzentinne kréien ëmmer méi Vertraue vu wichtege Partneren, mat deenen se da spannend Filmer, Serien, VR-Experienze kënnen op d'Bee stellen.

Dëse Succès, an dat wëll ech och betounen, dee kënnt ganz kloer net vum Himmel gefall. Nee, et ass e Resultat vu vill haarder Aarbecht iwwer Joren, iwwer Joerzéngten, an dofir wëll ech Iech, de Filmschafenden, e ganz, ganz grousse Merci soen an Iech och alleguerten dofir felicitéieren. Ech wëll awer och, léif alleguerten, an dat wëll ech och betounen, dem Luxembourg City Film Festival e grousse Merci soen, deen duerch säin héijen Niveau wichteg Filmer kann op Avant-premièrë weisen hei am Land an dem Lëtzebuerger Public och Rencontrë mat den Ekippen erméiglechen oder méi kleng, jo, spezialiséiert Festivaller wéi de CinEast oder de British an Irish Film Festival mat Expats-Communautéiten uschwätzen an eis friem Liewenswelten, déi vläicht net sou bekannt sinn, méi no bréngen.

Och d'Success-Story vu *Capitani* huet, an dat wëll ech hei och kloer soen, ronderëm d'Welt vill Leit an e breede Public erreecht. Souguer d'Leit a Brasilie kruten hei d'Erliefnisser vum Luc Capitani a vum Elsa Ley souwéi och deen idylleschen Éislekflair vu Buerglënster an d'Stuff iwwermëttelt, an och dat ass Nationbranding. Eppes, wat ech op dëser Plaz awer och wéilt uschwätzen, an dat ass och een Deel vun dem Argumentaire oder firwat mer dat haut maachen, dat ass eisen Nowuess, dee mer och besonnesch um Häerz läit. Mir bilden aktuell um Lampertsbierg déi nächst Generatioun vu

Professionellen am Filmberäich aus, an et gëtt och reegelméisseg Formatiounen hei am CNA oder och op Festivaller, dat fir e groussen Deel vu verschiddene Beruffer hei aus dem Filmberäich. Ech gesinn och, datt et eng nei Generatioun vu Leit gëtt, déi sech fir de Film interesséieren, déi fir de Film brennen an einfach maachen, déi wëllen urappen. Dat freet mech ganz besonnesch an dofir ass et mer wichteg, fir do iwwer déi nächst Joren deene Jonken, der nächster Generatioun och Zukunftsperspektiven ze bidden.

Well et kann een net do stoe bleiwen, wou mer haut sinn. Et si Succèse geschitt, déi mer erreecht hunn, déi muss ee wäertschätzen. Dofir e grousse Bravo, e Respekt, mee déi Medailen an déi Präisser, op deenen däerf een a soll een sech awer net ausrouen. Mir mussen de Filmsecteur ëmmer nees un der internationaler Konkurrenz moossen an ons engem Kader upassen, deen net méi einfach gëtt a wou mer mussen och international kompetitiv bleiwen. Dat ass eent vun den Haaptziler vun dësen Assisen, wou mer mat Iech wëllen driwwer schwätzen. De Lëtzebuerger Film ass ëmmer nëmmen esou gutt wéi all seng Komponenten. Seng Qualitéit ass en Equiliber tëschent engem reglementairë Kader op där enger Säit, finanziellen Hëllefen, awer och engem Wuelbefanne vun Iech alleguerten, deene Leit, déi am Filmberäich schaffen.

Léif alleguerten, de Filmsecteur ass awer net nëmmen de Filmfong, mee de Filmfong ass e ganz wichtege Partner, Element, Organ vun der Filmlandschaft. Et ass dat Organ, dat hëlleft, Lëtzebuerger Produktiounen, Koproduktiounen ze finanzéieren, an et ass dat Organ, dat de Lëtzebuerger Film ganz kloer och no bausse vertrëtt a promouvéiert. De Succès vun de leschte Jore berout och op e puer, jo, strateegeschen Decisioune vum Filmfong, an dofir wëll ech dir, Guy, als Direkter, an denger ganzer Ekipp op dëser Plaz e grousse Merci soen an och dir an der ganzer Ekipp fir déi vill gutt Aarbecht felicitéieren. Iwwert de Summer hu mer awer och e puer punktuell Ännerungen iwwer d'Gouvernance vum Filmfong op de Wee bruecht, déi elo an deenen nächste Méint wäerten a Rou analyséiert an och debattéiert ginn. Mäi Wonsch ass et, dem Filmfong deen nämmlechte Kader ze gi wéi deenen aneren Etablissement-publicken aus dem Kulturberäich, déi gutt funktionéieren.

Mir sollten dobäi net aus den Ae verléieren, datt de Filmsecteur viru groussen, jo, enormen Erausfuerderunge steet: déi ganz offensiv Approche vun eisen Nopeschlänner, fir d'Tournagë bei sech ze halen, ze zéien, sief dat mat direkten, indirekte finanziellen Hëllefen oder och Steiervirdeeler. Ech denken awer och un d'Präisdeierecht, déi mat sech bréngt, datt d'Produktiounskäschte vun engem Film explodéieren, well d'Materialskäschten ëmmer méi séier klammen, sief dat beim Holz fir d'Dekoren, der Energie oder och de Paien. Jo, ech wäert mech dofir asetzen, fir dës Erausfuerderungen zesumme mat Iech alleguerten am Dialog unzegoen a fir de Filmsecteur weider verstäerkt ze ënnerstëtzen. Wichteg ze soen op dëser Plaz ass awer och, dass mer eng Klimakris hunn, an déi sollte mer an déi däerfe mer ganz kloer net aus den Ae verléieren.

An dofir ass et mir och wichteg, dëse Message mat op de Wee ze ginn, dass mer weiderhin onbedéngt nach méi nohalteg musse produzéieren a responsabel mat eise Ressourcen ëmgoen. A last but not least, an dat däerf am Joer 2024 natierlech och net feelen, dat sinn déi technologesch Erausfuerderungen. Wat bréngt ons Studioen op de leschte Stand a wat ass mam Gaming hei am Grand-Duché? Brauche mer méi VR an AR? A wat ass mat der Intelligence artificielle? Wat ka se dem Film bréngen a wat ka se dem Film awer och schueden?

An da kommen ech zum Schluss, elo hunn ech laang genuch geschwat. Et gëtt genuch ze diskutéieren, mir sinn zäitlech leider limitéiert. Ech freeë mech op alle Fall, fir mat Iech zesumme produktiv a konstruktiv Gespréicher ze féieren a fir zesummen de Filmsecteur iwwer déi nächst Jore weider ze stäerken. Dofir: Iech e ganz, ganz grousse Merci fir Ären Interessi an ech freeë mech op e flotten Echange. Merci.

***Émile Schlesser:*** Villmools Merci, Här Kulturminister, fir déi schéi Wierder an déi eloquent Ried. Gesäis de, Fabien, sou schwätzt ee richteg, sou mécht een eng richteg Ried. Mir hunn awer do nach een, dee ganz eloquent ass, deen sech awer vläicht mat Zuelen nach besser auskennt wéi mat Wierder, an zwar ass dat den Här Philippe Robin, e Statistiker, deen eis elo mat Daten a Chifferen de Lëtzebuerger Filmsecteur veranschaulecht.

**Présentation : *Le secteur de la production audiovisuelle en chiffres* par Philippe Robin, expert en statistiques de la culture et de l'audiovisuel**

***Philippe Robin:*** Bonjour. Alors, je vais vous présenter un ensemble de données sur la production, sur l'écosystème de la production audiovisuelle et du film au Luxembourg. Cet écosystème, jusqu'à présent, a peu de données publiques ou a fait l'objet de peu d'études, mais nous allons voir qu'il est possible néanmoins de mobiliser un grand nombre de sources pour décrire et analyser les caractéristiques du secteur.

Voilà. Alors. Je vais d'abord vous présenter rapidement les différentes sources de référence, qui ont permis justement de faire cette présentation. Il s'agit, la plupart du temps, des données disponibles les plus récentes, donc les dépenses du STATEC, avec les comptes satellites de la culture, les statistiques structurelles des entreprises, le Film Fund, qui dispose de données à partir des aides financières sélectives, les données d'exploitation des cinémas et enfin les enquêtes sur le revenu et les conditions de vie, qui nous apportent des informations actualisées sur les pratiques « aller au cinéma ». Voici une présentation de quelques statistiques-clés, donc qui sont extraites de la présentation qui va suivre. C'est quelques statistiques vraiment clés, mais ça ne représente pas l'ensemble de la présentation, mais : 37 salles de cinéma au sein de 13 établissements, quatre millions de coûts moyens d'un film de long métrage co-produit par le Luxembourg, 51 pourcent de la population qui est allée au cinéma au cours des 12 derniers mois. Voilà, je vous laisse emprendre.

Alors, nous allons voir maintenant qu'il est possible d'aborder la filière par la dimension économique. Donc, première chose à rappeler, c'est que la filière de la production et du film appartient à une filière beaucoup plus large qui est l'audiovisuel, donc qui est l'un des principaux secteurs économiques de la culture. Selon le STATEC, sur un total de près de deux milliards d'euros de valeur de production de la culture en 2022, le secteur de l'audiovisuel a représenté 34 pourcent, avec 674 millions d'euros. Au niveau de l'emploi global sur 13 500 emplois directs, sur le secteur, le champ culturel, en 2022, 1 300 emplois sont identifiés sous le secteur audiovisuel. Ensuite, là on va s'intéresser plus à la filière économique de la production audiovisuelle et du film. Alors cette filière, c'est un écosystème qui associe quatre secteurs d'activités, qui sont particulièrement liés complémentaires par justement le concept industriel de la création, de la commercialisation, de la diffusion et de la diffusion publique. Ces quatre secteurs sont la production audiovisuelle, la postproduction, la distribution audiovisuelle et l'exploitation cinématographique. Donc, cet ensemble, c'est un écosysteme avec 226 entreprises, unités économiques, dont six pourcent sont, appartiennent à une sphère non-marchande, c'est les ASBL, et 35 pourcent, ce sont des entreprises individuelles, donc les indépendants.

Après, on va s'intéresser tout de suite au poids économique et social donc de la filière. Cette filière, en 2022, a eu un chiffre d'affaires total de 69 millions d'euros selon les données du STATEC et a généré, en création de richesse, 53 millions d'euros. Sur le graphique, on voit bien que la filière a été impactée par la crise sanitaire et petit à petit retrouve des chiffres antérieurs. Autre point important, c'est l'emploi. Là, on va s'intéresser, notamment, à la filière qui emploie directement 598 emplois directs en 2022. Il faut savoir qu'il s'agit de l'emploi qui est offert par les entreprises qui travaillent dans le secteur, qui sont identifiés dans la filière, le nombre que j'ai annoncé avant : près de 230

entreprises. Et donc ce total, c'est l'emploi direct. Il ne comprend pas un nombre important de techniciens, de créatifs ou d'acteurs qui sont indépendants ou salariés, qui sont rattachés, eux, à d'autres secteurs d'activités économiques, comme le spectacle vivant.

Alors, ça pose un problème parce que vous vous dites : « Mais l'emploi, ça fait pas grand monde, moi j'ai toujours entendu qu'il y avait beaucoup plus de monde. » Effectivement, il y a plus de monde, simplement actuellement par la statistique publique, on n'arrive pas à mesurer. On mesure que l'emploi direct, on ne mesure pas l'emploi indirect. Pour ça, il faudrait mettre en place une enquête sectorielle spécifique à l'emploi. Et nous allons voir que quand même, l'emploi a été mesuré par une étude qui a été realisée pour l'ULPA en 2020 et qui a pu mesurer, par un modèle économique, les emplois directs, indirects et induits qui représentent en tout pour la filière près de 1 259 emplois. Et, donc, ça c'est le total des emplois directs, indirects et induits. Et la valeur, la création de richesse est estimée aussi pour l'année 2017 à 150 millions d'euros en cumulant le direct, l'indirect et l'induit.

Nous allons maintenant nous intéresser à la production du film, à l'outil, au produit en lui-même, à la production. Et donc, on a un total de 789 films qui ont été produits par la filière entre 2020 et 2023. Alors, sur cette représentation, vous allez voir, il y a 505 long métrages, 488 fictions, 413 long métrages au cinéma, 166 documentaires, 214 court métrages. Ça mélange les formats et les gens, donc le total ne correspond pas au total qui est affiché de 589 films. La production de films est une production qui est extrêmement diversifiée. Donc on voit la répartition entre long métrages, court métrages et séries. Les long métrages dominent la production, mais les court métrages et les séries sont aussi de plus en plus présents et en 2023, on totalise à nouveau un total de 45 films produits. On retrouve le résultat de production que l'on avait pour l'année 2009, avant la crise COVID. Vous voyez aussi, à côté, l'autre graphique avec les genres, donc fiction, documentaire, animation, transmedia et XR. Pareil, les fictions dominent largement la production nationale. Une autre représentation pour montrer que, en fin de compte, 80 pourcent des 45 films produits en 2023 ont été soutenus directement ou ont bénéficié directement des AFS, ce qui montre l'importance du Film Fund pour la production nationale.

On observe aussi que la production de long métrages au cinéma est très internationale, puisque, en fin de compte, les films majoritairement luxembourgeois ou 100 pourcent productions luxembourgeoises sont nettement en retrait par rapport aux coproductions internationales auxquelles participe le secteur de la production.

Alors, on va maintenant se pencher sur les coûts de production. Sur ça, on s'appuie sur les données du Film Fund et notamment sur un échantillon de 92 films qui ont été soutenus par le Film Fund, qui ont bénéficié des aides financières sélectives et qui ont été produits entre 2020, 2022 et 2023. Donc c'est la date de sortie mondiale. Donc ça représente un total de dépenses de 299 millions d'euros avec une répartition, on voit que le tournage représente 41 pourcent des frais engagés – ah, pardon. J'en ai oublié un déja. Voilà. Je suis allé un peu trop loin. Alors, donc là, c'est le coût de production qui est variable selon le format et le genre de film produit. Donc sur justement cet échantillon de 92 productions audiovisuelles, on voit que le coût moyen d'un long métrage est de quatre millions d'euros, la série 3 000 013, le court métrage 300 000 euros. On a fait la même, le même calcul sur les genres de film, donc l'animation, qui est la production la plus onéreuse du fait du mécanisme industriel de fabrication, et on retrouve avec six millions, un petit million, trois millions pour une fiction et un film XR un million trois, et 700 000 euros pour un documentaire. C'est une moyenne toujours.

Alors, sur les 299 millions d'euros engagés, les frais de tournage représentent 41 pourcent des dépenses. L'autre poste important, c'est le poste artistique et créatif, où on va retrouver un

ensemble des dépenses qu'on va voir au slide suivant. Et, point important, la masse salariale représente quand même la moitié des dépenses engagées sur la production de films, 49 pourcent. 60 pourcent sur l'animation, 43 pourcent sur la fiction, 41 pourcent sur XR et en moyenne 37 pourcent sur un documentaire.

Donc là, on va sur quelques catégories de dépenses, donc le tournage. Qu'est-ce qu'il y a dans le tournage ? Donc le tournage va réunir différentes catégories de dépenses, des différents postes. Donc on retrouve l'équipe de préparation et de tournage, qui représente 56 pourcent des dépenses qui sont affectées au tournage. Logistique de tournage : 18 pourcent. Décor et costumes : 12. Et moyens techniques : 14. On a un autre regroupement qui a été fait au niveau des dépenses, donc, c'est développement et droit artistique. Donc les dépenses préliminaires représentent 66 pourcent sur 20 millions de dépenses, et le personnel artistique et créatif, dont on parlait au slide précédent, qui représente un total de 65 millions de dépenses sur les 299 millions, 72 pourcent sont engagés sur les dépenses de spécialisés en animation. L'équipe artistique : 21 pourcent, avec les acteurs et les figurants. Les réalisateurs : 7. Voilà. Alors, c'est un ensemble de catégories qui, on peut en discuter pendant très longtemps, mais en fin de compte on a essayé de faire le plus représentatif possible des coûts d'un film. Mais il y a d'autres possibilités de rassembler aussi les différents coûts et les différentes dépenses.

Chose à laquelle aussi on s'est intéressé, c'est les retombées financières au Luxembourg de l'ensemble de ces dépenses. Donc les 92 productions analysées, les retombées financières directes au Luxembourg s'élèvent à 86 millions d'euros, soit 29 pourcent du coût total des productions de films. Autre renseignement, on se rend compte que la masse salariale est aussi très conséquente, puisqu'elle représente 51 pourcent du total des dépenses des 86 millions d'euros. On peut faire aussi une ventilation des dépenses par catégorie. Donc on voit que pour les coûts de tournage, 623 millions engagés sur les coûts de production total des 92 films, 32 millions ont été réalisés au Luxembourg. Pour les dépenses de post-production, c'est sur un total de 22 millions, 8 millions ont été engagés aussi au Luxembourg.

Alors, maintenant, on va toujours sur les données financières du Film Fund. On va s'intéresser au financement des films. Comment sont financés les films? Donc les films sont financés majoritairement par les aides publiques nationales et européennes directes qui totalisent 60 pourcent des sources de financement des productions de film. On voit sur ce graphique que les aides financières du Film Fund sont équivalentes en fin de compte aux autres fonds étrangers qui interviennent sur les mêmes productions. Donc on arrive à 29 pourcent pour les deux catégories principales de soutien public.

Autre renseignement, le financement des films luxembourgeois est assuré majoritairement par les aides du Film Fund qui, par ses différentes aides, comme les aides financières sélectives, mais aussi les aides à l'écriture et au développement, fait que le soutien apporte majoritairement le financement à hauteur de 56 pourcent. Alors, vous voyez qu'il existe aussi d'autres ressources de financement des films luxembourgeois qui sont diffusés à la télé, les aides publiques nationales et étrangères qui sont que de 9,9 pourcent ou les mécanismes fiscaux.

Alors, après ces données économiques, on va plus, on va s'attacher à, à voir les différentes, les principales statistiques sur l'exploitation cinématographique. Sur l'exploitation cinématographique, on s'appuye sur des données fournies par le CNA. On voit que la fréquentation retrouve petit à petit son niveau d'avant crise COVID, avec en 2023 plus de 990 spectateurs accueillis dans les 37 écrans qui couvrent le territoire. Donc on voit l'évolution de 1970 à 2023, mais on pourra aller encore beucoup plus loin.

Alors, autres chiffres qui nous intéressent sur l'exploitation cinématographique. Donc, les données sont très, très riches à analyser, mais on a dû faire une sélection. Donc là, par exemple, l'année de référence qu'on a prise, c'est l'année 2023, donc le coût moyen d'un billet revient à 11 euros, les recettes brutes 10,9 millions d'euros. Chose importante aussi, qui était peu diffusée jusqu'à présent au niveau information, c'était le nombre de séances de cinéma. Il y a plus de 41 000 séances de cinéma sur le territoire en 2023, des salles commerciales, et le nombre d'entrées, les films luxembourgeois totalisent 38 000 entrées sur l'année 2023. Alors, le graphique sur l'évolution du film projeté, vous voyez qu'un an, en total, ça fait plus de 650 films qui sont projetés dans les salles en 2023. Les films européens représentent plus de la moitié des films qui sont proposés dans les salles.

Alors, dernière chose à laquelle on va s'interroger, où on va proposer des chiffres, ça va etre le public. On a peu de données jusqu'à présent, puisque l'enquête la plus ancienne qui avait donné des chiffres, c'était l'enquête sur les pratiques culturelles de 2009 qui avait un échantillon assez important de plus de 1 600 répondants. À présent, il a fallu chercher, en fin de compte, une autre source d'information. Et la source d'information, ça a été la source de l'enquête européenne sur les revenus des ménages, qui est quand même un échantillon très, très important, puisque ça représente 14 000 personnes qui sont interrogées, donc les résultats sont quand même assez fiables. Les marges d'erreur sont très réduites. Donc, enfin, on observe que l'aller au cinéma est une pratique. 51 pourcent de la populatioun est allée au cinéma en 2022. On voit que le nombre de visites évolue. Donc on a au moins la catégorie 1.3 qui est en augmentation, une à trois visites. Et par contre, les cinéphiles les plus acidus qui, sur cette représentation graphique, c'est au moins quatre visites, eux par contre enregistrent une baisse assez importante de 26 pourcent en 2015 à 2022, à 12 pourcent en 2022.

Alors, autre chose aussi que les données nous enseignent, c'est la raison qui est invoquée de ne pas aller au cinéma. Pour 35 pourcent, c'est le recours à d'autres moyens pour voir des films. Donc plateformes... en tout cas en dehors du cinéma. Seul 21 pourcent manquent d'intérêt, manque de temps 18 pourcent, et les raisons financières ne représentent que 11 pourcent. Et aucune salle de cinéma à proximité, 2 pourcent.

Donc voilà le dernier slide. Ce travail n'aurait pas été réalisé sans l'aide du STATEC, donc je tenais à remercier Rick Schmitz et Georges Zangerlé, le CNA avec Yves Steichen, qui a donné les informations sur l'exploitation cinématographique, mais je voudrais aussi remercier particulièrement Aurore et Mathilda qui ont répondu à mes nombreuses demandes et se sont adaptées à ces demandes-là pour me fournir les données. Voilà. je vous remercie.

**Première table-ronde : *Le film luxembourgeois à l'horizon 2030***

**Avec :**

- **Eileen Byrne, scénariste et réalisatrice**
- **Guy Daleiden, directeur du Film Fund**
- **Donato Rotunno, réalisateur et producteur**
- **Emmanuelle Vincent, productrice de films d'animation**

***Fabien Colas:*** Villmools merci fir dës Presentatioun. Vu que dass mer net vill Zäit hunn, fänke mer dann och direkt u mat eiser éischter Table ronde. Émile, wann s du eis wëlls eis Gäscht virstellen.

***Émile Schlesser***: Natierlech. Do hätte mer mol als alleréischt d'Realisatrice an Zeenaristin Eileen Byrne. Dann hu mer den Direkter vum Filmfong héchstperséinlech, den Här Guy Daleiden, a Persoun.

Dann hu mer d'Produzentin vun Animatiounsfilmer Emmanuelle Vincent. An zu gudder Lescht, Produzent a Realisateur, den Donato Rotunno. Merci, dass Der hei sidd.

***Fabien Colas:*** Dir hutt zwee Mikroe virun Iech leien, dat heescht ...

***Émile Schlesser***: Dir musst dat deelen zu zwee an zwee.

***Fabien Colas:*** Wann Der eppes ze soen hutt, musst Der déi deelen, bëssen hin- an hierginn. Emmanuelle, alles funktionéiert, du verstees, wat mer soen?

***Emmanuelle Vincent:*** Pardon, ech schwätzen net gutt Lëtzebuergesch. Je préfère parler en français pour être plus juste dans mes propos.

***Fabien Colas:*** Jo, kee Problem. Ma, als éischt Fro, eng zimmlech allgemeng Fro, well mer iwwer de Lëtzebuerger Film schwätzen. Ech mengen net, dass mer laang mussen driwwer schwätzen, wat de Film ass. Ech mengen, dat ass schonn iwwer d'Jore vill diskutéiert ginn, mee d'Zil ass hei, driwwer ze schwätzen: Wou gi mer hin? Déi nächst puer Joren, den Horizont 2030 ass d'Theema, dat heescht, wat wëlle mer déi nächst Jore fir Filmer maachen? Wëlle mer do Koproduktioune maachen, minoritär, majoritär, wëlle mer Lëtzebuerger Realisateuren ënnerstëtzen, Realisatricen, déi hiren éischte Film maachen, lëtzebuergesch Geschichten? Wat ass eng lëtzebuergesch Geschicht? Ech mengen, do gëtt et vill ze soen a mir fänke mol mat Dir un, Eileen.

***Émile Schlesser***: Dat war elo vill beieneen, hë? Sich der eng eraus.

***Eileen Byrne:*** Moien. Also wat war elo d'Fro?

***Émile Schlesser***: Et gouf keng!

***Fabien Colas:*** Wat fir Filmer mer wëlle maachen déi nächst puer Joren.

***Eileen Byrne:*** Wéi eng Filmer wëlle mer maachen? Ech muss kuerz driwwer nodenken. Also mir Lëtzebuerger Realisateuren an -tricë wëllen natierlech eis Filmer maachen. Mee ech mengen, de Guy wäert warscheinlech et anescht beäntweren. Also ech schwätzen elo mol fir mech! D'Fro ass immens generell, dofir, ech kann elo just soen, wat ech vläicht fir Filmer wëll maachen. Ech mengen, ech géif et schéi fannen, wa mir zu Lëtzebuerg et packe géifen, méi lëtzebuergesch Geschichten ze erzielen. Also d'Fro ass jo, wéi s de och scho sos, wat ass e Lëtzebuerger Film, dat wäert warscheinlech och jiddereen anescht beäntweren. Fir, fir gewësse Leit ass et warscheinlech alles, wat zu Lëtzebuerg finanzéiert a produzéiert gëtt. Wann een d'Leit, déi an de Kino ginn, oder d'Leit op der Strooss géif froen „Wat ass fir dech e Lëtzebuerger Film?", géifen se warscheinlech soen „e Film, wou ech Lëtzebuerg erkennen, e Film op Lëtzebuergesch" vläicht. An dann, wann s de mech géifs froen, géif ech warscheinlech soen, all Lëtzebuerger, deen eng Geschicht erzielt, also lëtzebuergesch Geschichtenerzieler.

Mäi Film ass zum Beispill op Däitsch. Et ass en däitsche Roman, et ass op Däitsch gedréint. Ech sinn awer och hallef Däitsch, dat heescht, ech gesi mech awer als Lëtzebuerger Geschichtenerzieler, souzesoen. Wat ech géif eebe schéi fannen ass, dass mir eng Lëtzebuerger Identitéit vläicht fanne beim Filmemaachen. Ech mengen, de Lëtzebuerger Film ass nach relativ jonk a senger Geschicht a mir hunn nach net sou richteg eisen Image fonnt vläicht. Wann een an d'Ausland op e Festival geet an et géif ee froen „Wat ass fir Iech e Lëtzebuerger Film?", hätten se warscheinlech keng Äntwert. Da géifen se soen „A jo, ech hunn de *Capitani* gesinn op Netflix" oder sou, mee et ginn einfach nach net genuch Filmer an et gëtt nach net e Bild vun enger Lëtzebuerger Filmindustrie, géif ech soen, am Ausland.

An dat ass dat, wat ech mir perséinlech géif wënschen, dass mir do eppes opbauen a vun eis erzielen, vun eisem Liewen, vun eisem Land an dat includéiert, dass mer Multikulti erzielen, also a mengen Aen net nëmmen op Lëtzebuergesch, mee wat Lëtzebuerg ausmécht, ass, dass mir ganz vill Nationalitéiten hunn, dass mir dofir och ganz vill Geschichten hunn. Voilà. Mee dofir brauch et, menger Meenung no, méi Geschichtenerzieler. Do si mer elo bei engem aneren Theema, mee ech mengen, wat mer wierklech maache mussen, ass, ze férderen, dass méi Leit kënne Geschichten erzielen. Genau, zu deem Theema komme mer vläicht nach, do ginn et ganz vill Punkten, mengen ech, déi mer kënne férderen.

***Émile Schlesser:*** Wéi bréngt Der dat do fäerdeg, fir sou eng Identitéit ze kreéieren? Fir ze soen, de Lëtzebuerger Film, wat ass dat, *dat* ass e Lëtzebuerger Film, an dat steet och fir Qualitéit. Guy, ech kucken dech grad un, wat wieren dann do Méiglechkeeten a Weeër, déi ee kéint goen, fir dat Zil ze erreechen?

***Guy Daleiden:*** Merci. Ech mengen, fir déi do Fro ze beäntweren, bräichte mer de ganzen Dag warscheinlech. Ech géif awer fir d'éischt emol soen, dass ech ganz frou sinn, de Minister de Moien héieren ze hunn, dee genau dat gesot huet, wat de Lëtzebuerger Film menger Meenung no och ausmécht. Dat ass dee Melange an deen Amalgam vun alle Produktiounen, op deene Lëtzebuerger schaffen. Net nëmmen, wou Lëtzebuerger Suen drop sinn, mee wou Lëtzebuerger drop schaffen. A fir mech ass en, en, en Techniker net méi oder manner wäert wéi e Schauspiller oder Realisateur oder Produzent. All déi Filmer oder déi Oeuvren, déi an de leschte Joren, säit et de Lëtzebuerger audiovisuelle Secteur gëtt, mat professionelle Moyenen a mat professionelle Strukturen zu Lëtzebuerg gemaach goufen, wou Lëtzebuerger drop geschafft hunn, well soss hätten déi Produktioune keng Sue kritt.

A mir hu Schwieregkeete bei eis an der Administratioun ze verstoen, dass nëmmen e Projet lëtzebuergesch ass, wann d'Geschicht lëtzebuergesch ass oder wann een d'Rout Bréck dra gesäit. Ech mengen, dat ass ni de But gewiescht. Hei schaffe ganz vill Leit virun, hannert der Kamera, an dat si Leit, déi hei zu Lëtzebuerg evoluéieren, déi zu Lëtzebuerg eduquéiert gi sinn an déi eist soziaalt Liewen hei zu Lëtzebuerg prägen. Mir hunn déi Gesellschaft, déi mer hunn, mat 50 Prozent Net-Lëtzebuerger, an dat refletéiert sech an eise Filmer och zeréck, souwuel vir wéi och hannert der Kamera.

Bei deene leschten Assisë viru siwe Joer, Produktiounsassisen, do kann ech mech erënneren – wou sëtzt den Nicolas Steil? E sëtzt hei vis-à-vis vu mer –, do war nämlech ee vun den Theemen: Wou gi mer hin? An do ass gesot ginn, mir maachen am Moment majoritär minoritär Produktiounen, a mir sollen dohikommen, fir kënne majoritär majoritär Produktiounen ze maachen. Dat war dat, wat mer viru siwe Joer op den Assisen diskutéiert hunn. A wann ech haut kucken, dann hu mer eng immens Evolutioun gemaacht, an ech gesinn, dass mer ganz vill Leit op béide Säiten, virun an hannert der Kamera, hunn, déi mer fréier net haten. Mir hu fréier ganz vill op Depensë gepocht, déi zu Lëtzebuerg gemaacht gi sinn, a mir hu Produktiounen aus dem Ausland gebraucht, fir se kënnen op Lëtzebuerg ze zéien, fir kënnen hei ze maachen, fir dass mer en Transfert de technologie, en Transfert de knowhow haten, deen huet sech opgebaut, a mir hunn haut vill méi Lëtzebuerger Realisateuren a Realisatricen, déi Projete kënne maachen an déi Geschichte kënne maachen, soudass mer an der Zukunft warscheinlech an déi Situatioun kommen, wou mer majoritär majoritär Produktioune kënne maachen. An dat soll eise But sinn.

Mee mir kënnen déi aner net op der Säit loossen. A mir brauchen se, fir iwwerhaapt de Volume de production ze hunn, fir dass d'Leit iwwerhaapt schaffen. Mee dass mer de But sollen hunn, fir majoritär Produktiounen ze maachen, ass evident. Mir brauchen awer och, wéi d'Eileen et gesot

huet, Leit, déi Geschichten erzielen. Se mussen net d'Rout Bréck weisen. Mee mir maache Kodeveloppementsaccorde mat Irland, mat Kanada, mat Portugal zum Beispill, well mer sou eng grouss portugisesch Communautéit hunn, fir ze kucken, fir Geschichten ze entwéckelen. Dat ass, mengen ech, ee vun deene Punkten, déi eis feelen. Mee ech wëll awer warne virdrun, fir ëmmer nëmmen ze schwätzen, dass eppes Lëtzebuergesches ass, wann et majoritär ass, well soss negligéiert een déi Leit, déi op deenen anere Produktioune schaffen a super Aarbecht maachen an international unerkannt si ginn.

A just nach e klenge Punkt, fir net hei d'Diskussioun ze mobiliséieren: Déi aner Länner maache genau dat selwecht. Mir waren elo zu Venedeg, wou mer fënnef Produktiounen an der Virtual Reality an der Competitioun hate vu 26. Vun deene fënnef waren zwou majoritär an dräi minoritär Lëtzebuerger. An et war nach eng Produktioun, och eng majoritär lëtzebuergesch, déi awer net an der Competitioun war, mee awer och gewise ginn ass. D'Quebecoisen hunn eng Pub gemaacht, wou se déi sechs grouss kanadesch-quebecois Produktioune gelueft hunn, déi si hunn, hir Talenter an hir grouss Produktiounen, VR-Produktiounen, déi geschitt sinn. Vun deene sechs waren dräi majoritär lëtzebuergescher. Si hunn awer d'Publicitéit gemaacht a gesot, dat sinn eis quebecois Produktiounen. Just fir ze soen, si gesinn eis Lëtzebuerger majoritär als hir un, also solle mir, déi aner, den ëmgedréite Wee, wannechgelift net de Contraire maachen.

***Émile Schlesser***: Also wa mer dann iwwer majoritär majoritär Lëtzebuerger Filmer schwätzen, da stellt sech d'Fro, wa mer an d'Zukunft wëlle kucken: Wéi gesäit déi Trajectoire aus, op där mer eis befannen, wat ass do méi interessant? An ech hätt nawell eng Fro fir den Donato: Wat ass do méi interessant, oder wéi gesäis du déi Saach, wier et vläicht méi sënnvoll, fir manner méi grouss Filmer ze maache versus eng méi héich Zuel u méi klenge Produktiounen, fir méi Leit eng Chance ze ginn, hir Geschicht ze erzielen?

***Donato Rotunno:*** Also all Film ass e grousse Film. Dat hänkt net nëmme vum Budget of. Also sorry, mee mir fänke jo net domadder un, wann s de en Dréibuch lies, ze soen: „Wéi vill Millioune wëll ech erreechen, fir dee Film ze maachen?" Du fänks domadder un, en Dréibuch ze liesen an ze verstoen, ob déi Geschicht et wäert ass, jorelaang vun dengem Liewen, professionelle Liewen, mee och Privatliewen, net nëmmen aleng, mat denger Ekipp a mat de Leit, déi dann dru schaffen, ze verbréngen. Dat ass déi éischt Fro. An ob dat elo zwou Milliounen oder 15 Millioune sinn, dat bréngt natierlech aner Problematike mat, mee et ass net déi éischt Fro.

Ech géif einfach dofir plädéieren, dass mer weiderhin esou schaffen, wéi mer am Moment schaffen, dat heescht, e gudde Grond ze fannen, fir op engem Projet ze schaffen an dobäi ze sinn, an da jorelaang ze versichen, net nëmme mat Lëtzebuerg, ma och mam Ausland, déi richteg Elementer ze fannen, fir dass de Film iwwerhaapt existéiere kann. Dat si finanziell Elementer, well e majoritäre Film zu Lëtzebuerg ass villäicht e majoritäre Film zu Lëtzebuerg, mee dat sinn net 100 Prozent vun de Suen.

Du brauchs awer nach Suen am Ausland. Also mir brauchen se. A si brauchen eis! An dat ass dat, wat mer opgebaut hu säit Joerzéngten elo. Dat ass och unerkannt. Dat misste mer awer elo halen an dat wäerte mer och sou weider halen, well soss geet et net. D'Industrie ass sou opgebaut, ob mer dat elo wëllen oder net. Dat heescht, et geet mer net dorëm ze soen, méi grouss Filmer an da manner Filmer wéi dat, wat am Moment geschitt. Et ginn Identitéiten an de Produktiounsfirmen. Et gi Leit, et si fir d'éischt emol Mënschen, déi dat decidéieren, an déi hu Sensibilitéiten, an do ginn et Leit, déi effektiv vläicht op méi onkommerziellen oder manner kommerzielle Filmer schaffen, déi vläicht manner Suen oder manner Budgeten hunn, mee déi vläicht en aneren Hannergrond hunn a sou weider. Dat heescht, déi Fro stellt sech fir mech u sech net.

***Émile Schlesser***: Jo, natierlech.

***Eileen Byrne:*** Wann ech schonn e Mikro hunn ... Ech wollt just dozou soen, ech perséinlech géif et schéi fannen, wa mer och bësse méi kleng Filmer hätten, och wann s du sees, de klenge Film gëtt et net, mee am Sënn vun, dass mir méi experimentéiere kënnen. De LARS, d'Associatioun vun de Realisateuren a Scenaristen, probéiert jo, eppes op de Wee ze leeden, fir einfach mat méi klenge Budgete méi, méi kleng Filmer ze maachen, wat heescht ...

***Émile Schlesser***: ... nächst Carte blanche Long métrage ...

***Eileen Byrne:*** ... Carte blanche Long métrage, genau ... dass een einfach och emol soe kann, mir mussen elo net fënnef Joer waarden, bis mer e perfekt Dréibuch an och nach mega Budget hunn an e Risenteam. D'Saach ass jo och, mir léieren duerch eis Filmer, dat heescht, mir mussen eis ausprobéieren, mir musse bësse méi experimentell ginn an dat gesäit een zum Beispill un de Quickies ganz gutt, dass do d'Leit ganz wéineg Suen haten an awer ganz speziell a ganz kreativ Formater erauskomm sinn. An esou eppes ze hu fir Long-métragen an ze soen, dofir hu mer e bësse méi majoritär Lëtzebuerger Filmer, an natierlech musse mir dann och ëmdenken. Natierlech kanns du dann net an dengem Dréibuch eng mega Geschicht mat mega Locations an sou hunn, mee du kanns awer eng Kéier soen, ech maache mat klengem Team, wat natierlech trotzdeem bezuelt gëtt, mat dräi Schauspiller, wëll ech eppes improviséieren, oder et einfach en, wéi seet een ... et spillt alles an engem Raum, an engem Haus – sou Saachen. Genau. An ech fannen, mir hunn däers nach e bëssen ze wéineg zu Lëtzebuerg an an anere Länner huet een eebe vill méi sou Formater. An do entsteet einfach méi a méi Ënnerschiddleches.

***Émile Schlesser***: Et mussen eebe Projete sinn, déi extra op dat dote Format an dee Budget zougeschneidert sinn.

***Eileen Byrne:*** Natierlech!

***Émile Schlesser***: Wann s de sees, dräi Schauspiller, Huis clos ...

***Eileen Byrne:*** Mee dat hëlleft heiansdo, och méi kreativ ze sinn.

***Émile Schlesser***: ... an iergendeppes am Outer Space, mat Aliens a sou weider. Jo, jo, natierlech. Wat gëtt et dann do fir Pro a Contra? Ech weess net, wou um Spektrum dass du do stees, Donato.

***Donato Rotunno:*** Et ass Pro a Contra, nee, natierlech. Ech mengen, d'Diversifikatioun vum Secteur ass natierlech ëmmer wichteg a mir si jo net an engem Moment vun enger Revolutioun vum Secteur, mir sinn an engem Moment vun enger Evolutioun vum Secteur. Dat heescht, wann nei Saachen dobäikommen, firwat dann net? Mee d'Realitéit ass awer och déi: Du brauchs awer Suen, e klenge Film ass och e Film, dee Sue kascht. Wéi vill Suen, dat ass déi aner Fro. Wat ass de Minimum?

Mir si jo voll amgaang, iwwer Saachen ze schwätzen, fir ze iwwerliewen, fir weiderhi mat de Leit schaffen ze kënnen, dat heescht Salaire minimum, d'Konditiounen, hei an dat, also Sue brauche mer souwisou. Et ass eng Illusioun ze soen: iPhone a fäerdeg. Dat kënne mer maachen, dann ass et awer net mam Filmfong, dann ass et eppes aneschters. A firwat net? Mee dat, wat s du uschwätz, ass awer nach an engem System, an de System verlaangt vun eis och Responsabilitéiten. Dat heescht, wa mir Sue vum Filmfong kréien, well mer e Projet hunn, an da gleewe mer drun, da musse mer och dofir stoen. Dat heescht, du muss och Garanties de bonne fin hunn, du muss eng administrativ Aarbecht leeschte kënnen, du muss finanziell dofir stoen, du muss legal, juristesch dofir stoen. Et ass e Beruff! Et ass net nëmmen ee Beruff, mee voilà. An dat ass och do. Dat heescht, déi Illusioun, ze

soen, déi honnertprozenteg Fräiheet, do musse mer oppassen. Mee natierlech sinn ech dobäi, wa mer eppes nach nei erfanne kënnen, firwat net? Sécher, kloer.

***Fabien Colas:*** Ech géif déi Fro och gären un d'Emmanuelle stellen. Mir hate ganz kuerz doriwwer geschwat, an zwar: Animatioun ass e ganz anere Beräich, eng aner Aart a Weis ze schaffen, och aner Budgete villäicht. Et wier och intressant, deng Meenung ze héieren dozou.

***Emmanuelle Vincent:*** Merci. Oui, effectivement, pour nous, pour l'animation, c'est aussi une question d'équilibre. Le film luxembourgeois, c'est la diversité pour nous en animation. Quoi qu'il arrive, nos projets, la personne tout à l'heure l'a montré, les budgets sont très élevés, donc nos projets sont faits en coproduction de fait. Ça peut être une coproduction majoritaire, ça peut être une coproduction qu'on dit internationale, mais l'animation a aussi cette spécificité qu'elle est universelle. On invente des univers, on invente des personnages. Donc de fait, ce sont des personnages qui sont universels, donc qui sont autant luxembourgeois que de n'importe où à l'internationale. Et, et du coup, pour nous, tout doit se tenir ensemble, effectivement, et tout est important.

Nos équipes sont de plus en plus reconnues à l'international. On a des gens à l'internationale qui viennent chercher nos équipes, parce que c'est le Luxembourg qu'on vient chercher. C'est un succès du Luxembourg, puisqu'on est dans tous les festivals, on est dans tous les continents en fait, les projets mêmes qui sont faits au Luxembourg, que ce soit des histoires vraiment luxembourgeoises comme certaines séries ou que ce soit des histoires plus internationales, elles sont vues sur tous les continents. On a ce succès d'être vraiment acheté partout, d'être vu partout, et ça, c'est aussi la diffusion de la culture luxembourgeoise, de l'image de marque du Luxembourg et donc, je rejoins ce qui a été dit sur le fait que même les réalisateurs luxembourgeois sont de plus en plus agréés au niveau de l'animation, et puis au niveau de l'XR aussi. Donc chacun va pouvoir évoluer, apprendre avec des projets internationaux et transposer ça ensuite sur des projets plus majoritaires luxembourgeois. Et clairement, on a besoin de tout et d'aider. Nous, on aide des artistes en tant que producteur en tout cas. On est là pour accompagner des artistes et les accompagner dans leurs rêves de film et les accompagner de la meilleure façon possible, pour qu'ils puissent réaliser ce rêve de film et qu'il soient vus partout.

***Fabien Colas:*** Jo, Guy?

***Guy Daleiden:*** Jo, ech wollt eppes dozou soen, wat dem Philippe Robin seng Presentatioun wéint de Chifferen éinescht ugeet, déi ganz intressant war, notamment, wat d'Retombées an d'Ekonomie sinn. Mee mir hunn net geschwat iwwert d'Retombée-culturellen. De Filmfong, wéi e geschaaft ginn ass, ass en net geschaaft ginn, fir dass et der Lëtzebuerger Hotelsindustrie oder Restauratiounsindustrie besser soll goen an der Zukunft. Och wann de Minister och Tourismusminister ass, de But vum Filmfong hire Suen, déi e kritt, fir an d'Produktioun ze stiechen, ass elo net fir d'Hotellerie ze ënnerstëtzen. Mee dass dat d'Retombées sinn, déi accessoires sinn a wichteg sinn, och fir Lëtzebuerg, mengen ech, ass een Deel. Mee mir sinn awer fortkomm vun deenen initialen Initiativen, wou gesot an ausgerechent ginn ass: Wéi vill fléisst an d'Lëtzebuerger Ekonomie zeréck?

Mir mussen elo kucken, well mer elo eppes opgebaut hunn: Wat fléisst an de Lëtzebuerger kulturelle Volet zeréck? Wann ech kucken, sinn ech frou, dass heibanne vill Lëtzebuerger Realisateuren a Realisatricë sinn, déi scho säit 30 Joer dobäi sinn. Ech gesinn d'Geneviève, den Andy an esou weider, mee mir hunn der awer och ganz vill jonker, ganz vill neier, an dat hate mer fréier net. Idem bei de Schauspiller. Mir hate fréier net sou e grousse Pool vu Lëtzebuerger Schauspiller, déi op

Produktioune konnte sinn. D'Produzenten, déi waren ëmmer do, déi hunn dat Ganzt opgebaut vun deemools. Majo, et ass awer sou! Mee déi ginn och alleguer evoluéieren, déi gi méi al an de Minister huet geschwat vun den Talenter, mir brauchen déi. Mee mir hunn der immens vill kreéiert a mir hunn zu Lëtzebuerg qualitativ héichwäerteg Leit, déi op Produktiounen zu Lëtzebuerg schaffen.

Ech kréien och ëmmer erëm gesot vun Techniker, déi am Ausland evoluéieren, och op Produktiounen, déi guer net mat eis zu Lëtzebuerg ënnerstëtzt ginn. Ech mengen, wa mer op d'Zukunft kucken, musse mer e Constat maachen, wat hu mer haut? Well fréier hu mer de Constat gemaacht, wéi wa mer keng professionell Strukturen hätten, a mir hunn dunn doranner investéiert. Haut hu mer déi professionell Strukturen an ech mengen, fir d'Zukunft musse mer kucken: Wat kënne mir elo anescht maachen, fir dat, wat mer hunn, nach weider ze fërderen a weiderzeentwéckelen? Dofir, mengen ech, soll ee kucken, manner de Retour économique ze fleegen am Moment, mee de Retour culturel auszebauen an do ze investéieren, fir dass mer domadden an der Zukunft méi erauskommen. A wa mer doranner méi investéieren, zéie mer och erëm méi Jonker un, a wa mer deenen eng Méiglechkeet ginn an eng Zukunft kënne bidden, da lafen déi net fort aus dem Secteur a komme souguer eran. Ech mengen, mir mussen elo axéieren op de Volet Mënsch an net méi sou op d'Depense-économiquen.

***Fabisen Colas:*** Kann een nëmmen zoustëmmen.

***Émile Schlesser:*** Jo, den Job oder d'Zil ass jo net just, fir eng kulturell Identitéit ze stäerke vu Lëtzebuerg, mee och, fir d'Lëtzebuerger Kultur am Ausland ze representéieren. An do stellt sech d'Fro, wann een da kuckt, e Lëtzebuerger Film op Lëtzebuergesch, dee vläicht zu Lëtzebuerg stattfënnt, mat Lëtzebuerger Schauspiller ... Et ass eng Sprooch, déi eng 300 000 Leit schwätzen. Do stellt sech d'Fro: Ween ass dann eist Publikum? Sinn et wierklech just déi 300 000 Lëtzebuerger, déi ee potentiell kann erreechen, just reng duerch d'Sprooch? An ass dat eppes, wat ee vläicht ka méi Richtung internationalen Appeal pushen, fir vläicht vun deem méi punktuelle lëtzebuergeschen Aspekt ewechzekommen? Ech hunn elo ganz vill Blödsinn geschwat.

***Donato Rotunno:*** Däerf ech ganz kuerz äntweren?

***Émile Schlesser:*** Jo, natierlech!

***Donato Rotunno:*** Natierlech kann een do laang driwwer schwätzen, mee et ginn op d'mannst zwee Niveauen, déi een analyséiere kann. Den éischten Impakt ass hei am Land, wann s de elo vun der Sprooch schwätz, hë. Den éischten Impakt ass: Wat bréngt et hei zu Lëtzebuerg, hei an eisem Land? A wat bréngt et am zweeten Impakt am Ausland? Zu Lëtzebuerg ass et wichteg, ze soen, dass mer zum Beispill fir Animatiounsfilmer e lëtzebuergeschen Doublage hunn, wou d'Animatiounsfilmer op Lëtzebuergesch dann an de Kino kommen – an net nëmmen Animatiounsfilmer. Mir hunn dat och mat Dokumentarfilmer gemaacht, wou se op eemol op Lëtzebuergesch sous-titréiert ginn an sou weider an sou virun. Mir hu Kannerfilmer, voilà.

Den Impakt vu minoritäre Produktiounen, déi hei zu Lëtzebuerg mat Lëtzebuerger gemaach ginn, a wann se dann hei am Land erauskommen, ass zum Beispill op der Sprooch e wichtegen Impakt. Zweeten Impakt ... an dofir ass et och immens wichteg, net nëmmen an eisem Secteur ... also Kultur, dat ass och Educatioun, dat ass och Tourismus, dat si verschidde Ministèren. Dat ass effektiv eppes, wat mer vläicht upake kéinten, dat heescht, dass mer transversal och schaffen, iwwer eis Grenzen eraus. Sprooch ass zum Beispill en Element fir d'Educatioun. En zweet Element ass, wat mer mam SCRIPT maachen, wa mer déi ganz pedagogesch Dossiere maachen op engem Sujet, déi dann an de Schoule verschafft ginn. Deen Impakt vun eiser Produktioun, vun eise Filmer, deen ass och do. Bon, dee kanns de net mat Sue verrechnen. Mee dat baut eis Gesellschaft op, dat si Saachen, déi mer

brauchen, an dat maache mer scho säit e puer Joren an dat maache mer warscheinlech ëmmer méi a vläicht nach besser. Voilà. An dann am Ausland, wéi kënnt d'Lëtzeburger Sprooch am Ausland un? Natierlech, jo, nëmmen 300 000 Leit, déi Lëtzebuergesch schwätzen, mee wat maachen se, wann se e Film kucken? Déi kucken e Film. Déi lauschtere keng Sprooch. A wann de Film gutt ass, da kënnt en un, fäerdeg. Do brauch een sech wierklech keng Fro ze stellen.

***Émile Schlesser:*** Pardon, wann ech ganz kuerz eng Kéier däerf meng modest Meenung doteschëntklameren: Et ass e bëssen eng ketzeresch Fro, et ass gläichzäiteg och ee Wonsch, deen ech gär géing äusseren. Wann ech mech net ieren, ass bis haut den Andy Bausch den Eenzegen, dee mat engem lëtzebuergeschsproochege Film op engem A-Festival gelaf ass. An ech froe mech, firwat dass dat sou ass. Mir maache gutt Filmer, mir hunn e Koup talentéiert Leit, mir hunn d'Méiglechkeeten, fir saugutt Filmer ze maachen. Firwat ass dat nach ëmmer den eenzege Film, deen zu San Sebastián gelaf ass? Lëtzebuergeschsproocheg, well ech soen. Wie wëll déi heiten iwwerhuelen?

***Donato Rotunno:*** Also éischtens emol, ech mengen net, dass dat de Fall ass. Also bravo fir den Andy, mee et sinn aner Projeten op Lëtzebuergesch, déi op aner Festivalle gelaf sinn.

***Émile Schlesser:*** Gutt, da sinn ech saugutt forméiert, wéi et schéngt!

***Andy Bausch, aus dem Publikum:*** *Et kann ee soen, e war deen Eenzegen, deen e Präis kritt huet.)*

***Émile Schlesser:*** Jo, voilà. Pardon, ech hu mech falsch ausgedréckt. Merci.

***Guy Daleiden:*** De Govinda, de Govinda...

***Donato Rotunno:*** Richteg. Voilà!

***Émile Schlesser:*** Selbstverständlech, jo.

***Donato Rotunno:*** Zu Toronto ware mer natierlech och mat engem lëtzebuergesche Film, mir hunn Dokumentarfilmer, voilà. Sorry, mee do gëtt et méi! Et gëtt méi, an tant mieux! A vläicht brauche mer och déi Zäit, vläicht hänkt dat och e bësse vum Film an och vun der Zäit of, mee et gëtt méi wéi nëmmen een, hë?

***Émile Schlesser:*** Jo, dat war e gudde Moment, fir de Bak ze hale fir mech.

***Eileen Byrne:*** Ech wollt just eppes ganz Kuerzes soen, nämlech, et gëtt e Land an Europa, Island zum Beispill, wat nach manner Leit am Land huet wéi mir, an déi meescht kennen awer warscheinlech islännesch Filmer. Si hunn e ganz staarke kulturelle Secteur, si maachen och Filmer op Islännesch. Ech hunn der e puer gesinn an du hues awer d'Gefill, do ass awer iergendwéi eng Sprooch, eng Aart, Filmer ze erzielen. Ech mengen absolut, dass zum Beispill lokal Geschichte ganz, ganz gär gesi ginn. Firwat de *Capitani* sou erfollegräich war, ass, mengen ech, well d'Leit eppes entdecken, wat se nach net kennen. Am Fong ass dat eppes, wat vill méi schéin ass, wéi generell ze erzielen. Alles, wat konkreet ass, wat spezifesch ass, ass interessant.

Ech menge just, de Problem ass: Wéi vill Scenaristen hu mir zu Lëtzebuerg? Mir brauche Geschichten einfach, also mir brauche gutt Geschichten, an da kënne mer lokal erzielen, awer mat universellen Theemen, mat universellen Emotiounen, an dat ass, wat d'Leit erreecht. Et geet menger Meenung no wierklech ëm déi Geschichten, déi mer wëllen erzielen, an dat musse mer iergendwéi, dorunner musse mer schaffen. An do musse mer eeben awer och d'Konditioune schafen, well mir hunn eeben de Problem och zu Lëtzebuerg – an anere Länner kanns de gutt Niewenjobs bei der Tëlee maachen, du kanns dech anescht finanzéieren –, hei hu mer dat leider net. Mir hunn net e puer Chaînen, wou

mer kënnen einfach mat *Dailys* oder sou eis iwwer Waasser halen. Dat heescht, hei hu mer jo am Fong bal just de Kino an e puer Serien, a mir mussen awer kucken, dass d'Leit einfach net sou schnell opginn, mee mir kënnen eeben als Scenarist oder Realisateur da wierklech schaffen an einfach wierklech vill gutt Geschichten erzielen. Voilà.

***Émile Schlesser:*** Voilà, vill gutt Geschichten erzielen, dat ass e gutt Stéchwuert.

***Guy Daleiden:*** Wann ech däerf just e Saz bäisoen zu der Sprooch. Absolut ass et wichteg, dass mer Filmer op Lëtzebuergesch maachen, mee d'Emmanuelle huet et éinescht gesot: An der Animatioun ass d'Sprooch an deenen eenzele Länner gedubbt an am Live och, ausser op de Festivalle vläicht. A ganz Däitschland, a ganz Frankräich ginn d'Filmer net an der Originalsprooch gewise mat Ënnertitelen. Dat leeft vläicht zu Lëtzebuerg, an der Belsch an an Holland nach esou, mee an all deenen anere Länner mierkt keen et, ob Lëtzebuergesch geschwat gëtt oder Franséisch, wann et herno gedubbt ass. Mee dat, wat interesséiert, wéi d'Eileen et seet, dat ass d'Geschicht. An d'Geschicht vum *Capitani* war déi, déi erauskoum, den Environnement, an deem wou e gespillt huet, dat ass dat, wat d'Leit intresséiert huet, well dat anescht war. Do huet d'Sprooch eng manner héich Roll gespillt, well a wéi vill Sproochen ass de *Capitani* gedubbt ginn? Claude, ech mengen eng Dosen oder wéi vill? 16, maja, voilà! Dat heescht, wann een dat kuckt, dann ass en a ganz wéinege Länner op Lëtzebuergesch gelaf.

***Emmanuelle Vincent:*** Juste, si je peux rajouter ...

***Émile Schlesser:*** Vas-y, vas-y !

***Emmanuelle Vincent:*** Effectivement, en animation, comme la plupart de nos projets sont des projets familiaux, on les double en luxembourgeois et ils sont diffusés au cinéma et à la télévision. On a aussi RTL qui est quand même un très bon partenaire pour nous, avec déjà sa grille spécialisée KannaTiVi. Mais les films sont montrés en luxembourgeois et on voit que les gens ici y vont et les films sont montrés dans minimum deux versions, ici au Luxembourg au cinéma, voire trois, donc en luxembourgeois, en français, voire en allemand ou en anglais, ça va dépendre du film, mais notre public démarre ici clairement.

***Fabien Colas:*** Wat spillen dann déi nächst Joren aner Medie fir eng Roll, also d'Animatioun, de Gaming, de VR? Net fir déi elo alleguerten an en Däppen ze geheien, mee wéi wichteg sinn déi a wat musse mer do ënnerstëtzen? Ech mengen, ech stellen dat un dech emol, Guy, fir unzefänken, an da wëll ech natierlech och vum Emmanuelle héieren.

***Guy Daleiden:*** Also ech mengen, mir mussen dat ënnerstëtzen, wat de Secteur mécht. Mir sollen net dem Secteur virschreiwen, wat d'Leit ze maachen hunn. Mir sollen dat ënnerstëtzen, wat gutt ass a wat eise Secteur ka weiderdreiwen. Fir eis am Filmfong, wa mer ënnerstëtzen, kucke mer net, ob et elo eng Serie ass oder ob et Tëlee ass oder ob et Kino ass. Mir ënnerstëtzen dat, wat mer bruecht kréien, well de Secteur muss wëssen, wéi d'Evolutioun dobaussen ass am Moment. Fréier hu mer haaptsächlech Serië gemaacht an der Animatioun.

Haut maache mer Long-métragë majoritär an der Animatioun, well dat d'Entwécklung ass. Fréier hu mer majoritär am Live Kinoproduktiounen ënnerstëtzt, haut gi mer méi an d'Richtung, ëmmer méi Serien ze maachen. Dofir, dat wiesselt. Wat mir awer viru puer Joer zum Beispill gesot hunn, well mer net däerfe verpassen, dat ass déi technologesch Entwécklung. Dofir hu mer gesot, et ass eppes amgaang ze geschéien um Niveau vun der Realité virtuelle, Réalité augmentée, vun immersiven Oeuvren, a mir hu gesot, mir mussen eis och dohinnerbeweegen. Ouni ze wëssen, wat genau d'Endprodukt dovun ass.

Ech sinn net der Meenung, dass d'Oeuvren, déi mer haut an der Réalité virtuelle an augmentée maachen, dass dat eng *Fin en soi* ass. Ech soen ëmmer, et ass e Wee zu eppes a mir sollen do derbäi sinn, fir net den Uschloss ze verpassen, fir net der technologescher Entwécklung hannendrun ze sinn. Mir gesi jo, et si Gesellschaften zu Lëtzebuerg, déi sech entwéckelen, mir hu Studioen, déi sech elo an der Réalité virtuelle spezialiséieren, mee all déi aner brauche mer och. Mir brauchen Tëleesproduktiounen, mir brauche Kinosproduktiounen, well de Secteur do ass, well do Leit schaffen, déi hunn eng Formatioun gemaach, déi hunn sech do ausgebilt, déi schaffen dodran, déi musse mer weiderentwéckelen. Dat mécht de ganze Lëtzebuerger audiovisuelle Secteur aus. An zum Beispill d'Réalité virtuelle funktionéiert extreem vill mat der Animatioun zesummen, well d'Basis vun der Technologie déi selwecht ass.

Mee et kann een net soen, mir maachen elo nach just dat oder just dat. Et muss een d'Entwécklung, mengen ech, matkréien, mee et ass eis Pflicht als Filmfong, fir de Wee ze weisen an nei Entwécklungen unzestoussen. Mir hunn awer och, an de Minister huet dat éinescht och gesot, vu Gaming geschwat. Gaming ass e bëssen eppes aneschters. Gaming, dat ass eng Industrie, déi sou grouss ass weltwäit, dass Europa decidéiert huet – iwwer de Conseil de l'Europe, iwwer d'Europäesch Kommissioun, iwwer d'Parlament –, fir ze soen: Mir musse massiv, sou wéi se dat virun 30 Joer gesot hunn, an de Kino investéieren, fir dass Amerika an Asien den europäesche Kino net futtimécht, musse mer doranner massiv investéieren an entwéckelen, well eng Zukunft do ass a well ganz vill Suen do gemaach ginn. Also solle mir, mengen ech, als Lëtzebuerg, fir den Uschloss net ze verpassen, och am Gaming present sinn.

Elo muss een awer wëssen, dass mir als Filmfong dat solle maachen, mir sollen dat ënnerstëtzen, dovu sinn ech iwwerzeegt, well mir dee richtegen Outil hunn, well mer d'Autorisatioun kënne kréie vun der Kommissioun, fir och dee Secteur ze ënnerstëtzen, wann et kulturell Ouevres sinn, contrairement zu dem ekonomesche Volet. De Problem ass just, dass mir net ausgebaut sinn am Filmfong, dass mir weeder d'finanziell Moyenen hunn nach d'Strukture vum Gesetz et am Moment erlaben, dat esou ze ënnerstëtzen, wéi dat vläicht geduecht gëtt. Mee do muss ee menger Meenung no dat da modifizéieren. Dat ass net vill Aarbecht, mee et muss awer gemaach ginn. Mee ech mengen, et ass wichteg fir d'Entwécklung vun der Lëtzebuerger audiovisueller Industrie, fir och an de Gaming ze investéieren. Mee fir d'Angscht ze huele vun all deene Leit, déi mengen, elo ginn déi Suen, déi mer fir de Kino virgesinn hunn, an de Gaming gestach: Ech mengen, dat ass bei kengem am Moment d'Iwwerleeung gewiescht. Ech mengen, et ass eng nei Industrie, et soll een et maachen an dofir dann och d'Moyenen zur Verfügung stellen.

***Fabien Colas:*** Jo, well Dir entscheet jo net, wat soll gemaach ginn, mee wann der eppes ausschreift, zum Beispill – mir wëllen, dass Leit Serië pitchen –, kann een dat jo awer e bësse steieren. Also vläicht ass dat jo och e Grond, wisou déi lescht Jore méi Serië gemaach goufen, dass RTL dat ausgeschriwwen huet, wat mir zum Beispill aus vläicht e bësse perséinleche Grënn gutt fonnt hunn.

***Guy Daleiden:*** Well der jo och matgemaach hutt an ausgewielt gi sidd. Ech verstinn, dass dat Iech, Iech zwee gutt gefält!

***Émile Schlesser:*** Super!

***Guy Daleiden:*** Mee et däerf een awer net vergiessen, dass do RTL e Rôle matgespillt huet. Mir probéiere mat RTL säit 20 Joer Ausschreiwungen ze maachen a mir hunn déi gemaach säit 20 Joer. Just RTL hat ni Sue fir de Lëtzebuerger Kino. De Bob weess, weess dat ganz genau. Mee wéi decidéiert ginn ass, dass RTL puer Frang op d'Säit leet, fir an de Kino ze investéieren, konnte mer déi Ausschreiwunge maachen, och wann RTL mat zéng Prozent nëmme bedeelegt ass an de Filmfong

mat 90 dee Moment. D’Méiglechkeet awer, fir déi Oeuvren auszewielen an op RTL ze diffuséieren, dat erlaabt eng aner Visibilitéit, dat erlaabt, anescht ze schaffen, an et gëtt méi Méiglechkeeten, mat sou engem Soutien vun RTL, fir e gréissere Public zu Lëtzebuerg ze erreechen. Dat ass kloer, dass een dann esou eppes ka steieren, well am Moment mer jo awer och gesot kréien, dass d’Serien – an dat gesäit jo, mengen ech, jiddereen – international am Moment, och wa gesot ginn ass, den Trend geet erof, awer nach ëmmer am Trend leien.

A wann ech kucken, wéi eng Serien am Moment international gemaach ginn, mat wéi engem Niveau Acteuren, Realisateuren an Techniker, da solle mir dorobber och weiderschaffen, well dat ass och eng Opportunitéit fir eise Secteur. D’Eileen huet éinescht gesot, fir méi séier ze schaffen. Dat ass e Problem, wann ee gesäit, dass e Realisateur – ech hunn ëmmer gesot, ausser dem Christophe Wagner, dee ganz séier a vill Oeuvrë konnt maachen –, mee et brauch een dräi, véier Joer, fir e Film ze maachen. A wa mer déi Suen net hunn, verléiere mer Talenter a mir verléieren Zäit, wa mer net an deem Rhythmus virukommen. Dofir ass d’Carte blanche, vun där mer éinescht geschwat hunn, fir Long-métragen, iwwert déi mer jo och scho säit zéng Joer philosophéieren, vläicht eng Méiglechkeet. Mee et ginn nach anerer, wéi zum Beispill Serien ze entwéckelen, fir do méi séier weiderzekommen.

***Émile Schlesser:*** Emmanuelle?

***Emanuelle Vincent:*** Merci. Il y a, il y a beaucoup de choses sur lesquelles on pourrait rebondir sur toute cette intervention. C’est vrai que nous, dans l’animation, la XR, le gaming – puisque là, je représente un peu l’ensemble –, on est très heureux de l’accompagnement qu’on a avec le Film Fund, qui est toujours à l’écoute et qui va toujours chercher à améliorer, à accompagner. C’est un système qu’on nous envie quand même ailleurs. On peut vous le dire parce qu’on parle beaucoup avec beaucoup de producteurs étrangers. C’est un système qu’on nous envie et puis, on est dans une évolution constante.

Et justement, on est dans un secteur qui est vraiment innovant. L’innovation, c’est dans notre quotidien et on a besoin d’etre accompagné là-dessus. Et ce qui est toute la XR, le gaming, ce sont des nouvelles formes, finalement, de narration, dont les artistes peuvent s’emparer, en fait, et le Luxembourg peut être leader sur ces plans-là. Il l’est déjà, de fait, on l’a vu à Venise effectivement notamment, mais il l’est déjà de fait. Et donc on souhaite pouvoir continuer cette conversation-là pour le gaming en particulier, c’est une discussion qu’on a aussi entre nous, qui pour nous est importante, clairement, mais qui effectivement doit bénéficier d’un budget spécial, additionnel, avec des règles spécifiques, avec un un comité de sélection spécifique pour pouvoir professionnaliser tout ça et compter dans le monde.

***Eileen Byrne:*** Vläicht just derbäi nach kuerz: Elo misst ee vläicht och iwwerleeën, wéi bilt een d’Leit awer aus? Also ech hu keng Anung vu Gaming oder Virtual Reality oder sou. Mee et ass souwisou schonn eng Fro, wéi bilts de Realisateuren a Scenaristen aus? Dat ass deelweis am Ausland e ganz laange Studium. De Govinda ass jo e super Beispill, dass et och anescht geet, mee du muss awer wëssen, wat s de do méchs, et ass och en Handwierk an do ass eeben och d’Fro bei deenen neien Technologien, wéi bilde mer déi Leit aus, wou léieren se dat? Also do musse mer eis och einfach upassen dann.

***Emmanuelle Vincent:*** Oui, tout à fait. Et pour nous, un des enjeux, c’est un enjeu dont tu parlais aussi, c’est de pouvoir faire rester les artistes ici, au Luxembourg, et continuer à travailler avec nous. Nous, on travaille en lien étroit avec le BTS d’animation et avec le bachelor à l’université, mais nous, c’est un réel enjeu, enfin, je pense que ça l’est pour nous tous, de faire rester les personnes ici.

***Donato Rotunno:*** Jo, a mir si wierklech op engem Punkt komm, wou mer als Produzent oder Produktiounsfirmen effektiv säit e puer Joren drun denken, wéi geet et duerno weider, mat weem geet dat weider a wéi, wéi vill Zäit brauche mer, fir dat erëm weider opzebauen, mat neie Generatiounen, déi och verstinn, ëm wat et geet, déi och de Risiko wëllen agoen? Dat brauch Zäit! Dat geet net vun engem Dag op deen aneren, du kanns dat net moies decidéieren a soen: Muer sinn ech dat! Wéi s de sees, dat brauch seng Zäit, dat brauch och seng Plazen, BTS ass eng, wou s de awer ganz fréi ufänks, mee vläicht brauche mer do och nach anerer. Et si Formatiounen do, déi ugebuede ginn hei zu Lëtzebuerg, dat ass alles eppes, wat awer scho säit e puer Joren do ass an eise Käpp. Mir fänken elo haut net eréischt un, drun ze denken. Dat brauch awer nach e bëssen Zäit, well effektiv: 2030 ass muer. A fir op d'Fro ze äntwere „Wat fir Filmer maache mer 2030?“, et ass ganz einfach, dat sinn déi Filmer, déi elo schonn eng Ënnerstëtzung kruten.

***Émile Schlesser:*** Déi mer elo amgaang sinn ze schreiwen! Jo, jo!

***Donato Rotunno:*** Majo! Well dat brauch seng Zäit! Also do kéinte mer einfach d'Lëscht erausshuelen an, soe mer, warscheinlech véier op déi zéng, déi wäerte gemaach ginn. Dat ass esou!

***Fabien Colas:*** Wa mer iwwer d'Zukunft schwätzen – well mir hunn net méi sou vill Zäit, ier mer och wëllen de Public e puer Froe stelle loossen –, musse mer iwwer d'KI, AI ... do kéinte mer elo Stonne schwätzen. Dowéinst, fir dat elo a fënnef Minutten anzepaken, gëtt schwéier. Ech mengen, de Guy ass prett, fir eppes ze soen.

***Guy Daleiden:*** Nee, nee, ech wollt eppes anescht soen, mee ech kann awer och iwwer d'KI eppes soen.

***Fabien Colas:*** Ma et misst een einfach driwwer schwätzen. Ech mengen, mir kënnen et net ignoréieren. Mir wëssen, mir musse kucken, domat kënnen ze schaffen, mee wou geet et do hin? Muss een dat reglementéieren, muss dat vun uewen erof reglementéiert ginn, wéi vill muss een dat kontrolléieren, fir ze kucken, dass d'Leit net hir Aarbecht verléieren oder wéi sollen se domat schaffen, amplaz dass hir Aarbecht ersat gëtt? Wou gi mer do hin? Ech weess, eng Risefro. Mir hu sou fënnef Minutten oder sou, an da musse mer ...

***Émile Schlesser:*** Et ass e bëssen onfair, fir dat elo ...

***Fabien Colas:*** Guy, du hues de Mikro an der Hand, dat heescht ...

***Guy Daleiden:*** Also ech hunn ëmmer Horror, wann ee kënnt an et seet een, elo musse mer reglementéieren an e Kader setzen a legiferéieren an esou weider. Dat mécht mer ëmmer immens vill Angscht.

***Émile Schlesser:*** Dann nenne mer et protegéieren, wéi protegéiere mer eis Aarbecht an eis Aarbechter?

***Guy Daleiden:*** Dat ass eppes, wat wichteg ass. Also KI mécht mir selbstverständlech Angscht, well ech net weess, wat derbäi erauskënnt a wat riskéiert, ewechzefalen duerch eng Aarbecht, déi vun enger Artifizieller Intelligenz erfëllt gëtt. Ech muss awer soen, wa mer elo géifen ufänken, ze reglementéieren, dass mer hannendrulafen a guer net wëssen, wat mer iwwerhaapt géife reglementéieren. Wa mer am Kinosberäich bleiwen: A verschiddenen Domäner vun der Production audiovisuelle gëtt d'KI schonn agesat, an dofir, mir fänken net elo un, ze soen: „Hei, elo hu mer déi entdeckt.“ Déi gëtt an der Animatioun an och am Live, am Opschreiwen an sou weider ...

Ech mengen, dat wat fir eis als Filmfong, mengen ech, wichteg ass, dat ass, fir erauszefannen: Wien huet deen Zenario zum Beispill geschriwwen? Huet dat e Mënsch geschriwwen oder ass dat vun

iergendengem Computer gemaacht ginn? Firwat ech déi Fro stellen: Herno ass et jo egal. Wann een e gudde Film gesäit, ass et dem Spectateur egal, well dee geet selte froe „Wien ass deen, deen dat Buch do geschriwwen huet vun deem Film?“. Dee kuckt et, dee seet „Et ass e gudde Film an et ass mir egal, wéi dee geheescht huet. Wat awer wichteg ass, mengen ech, dat ass um Niveau vum Finanzement.

D’Fro ass, ob mat ëffentlech-rechtleche Sue sollen Oeuvrë finanzéiert ginn, déi vun engem Computer geschriwwe gi sinn an net vun engem Mënsch. An dofir, mengen ech, muss ee mol fir d’alleréischt an den éischte Stadium kommen – an dat misst all Mënsch, deen e Projet bei eis areecht –, fir emol ze identifizéieren a ganz kloer ze soen: D’Dialoge si vun der KI geschriwwe ginn oder Geschicht ass geschriwwe ginn, dass een dat weess. An et muss een effektiv sech d’Fro stellen, wa mir Sue ginn, a mir gi 60 000 Euro fir de Scenarist, fir dass dee säi Buch däerf schreiwen, ass d’Fro, wann en dat vun engem Computer schreiwe léisst, ob mer dann och 60 000 Euro ginn. Ech mengen, dat sinn elo mol Entwécklungen, déi wichteg sinn.

Et muss een et identifizéieren, mee et kann een et net verbidden. Reglementéieren, dat ass, mengen ech, fir méi spéit, virun allem, vu dass mer jo alles a Koproduktioun maachen. Mir maache minoritär majoritär Produktiounen a Koproduktioun. Et muss een och sech mat deenen anere Länner ofschwätzen, well mir musse jo och do wëssen, wat mer vum Ausland erakréien oder wat d’Ausland bei eis erakritt. Ënnert den europäesche Filmfongsdirekteren ass dat do eng Diskussioun. Jidderee weess, dass mer iergendwéi mussen eppes ënnerhuelen, mee fir de Moment, mengen ech, ass Reglementatioun dat Falscht. Mir mussen awer eng Identifikatioun maachen, fir dass ee gesäit a versteet, wat vu wiem gemaach ginn ass, fir och déi kënnen ze ënnerstëtzen, fir d’Kreativitéit intellektuell ze ënnerstëtzen. Ech kann awer ee Beispill ginn. Ech mengen, de Jesus huet eis dat deslescht erzielt gehat. Bei der Iwwersetzung iwwer KI vun engem Zenario do an eng aner Sprooch huet d’KI op eemol Zeene bäigeschriwwen, well si gemengt huet, déi géifen nach gutt gefalen, an du war et gutt, dass se dat herno iwwerlies hunn, ier se den Dossier ofginn hunn, well et waren zwee verschidde Versiounen.

***Émile Schlesser:*** Elo hate mer e bëssen den Avocatus diaboli hei ze spillen. Dat ass jo alles immens sexy: O, mir kënnen dat Ganzt acceleréieren, de Prozess. An engem Joer kann ech siwen Dréibicher schreiwe loossen. Ech maache mer perséinlech elo Suergen dréms, dass an deem Fall mir eist Handwierk, eist Kënne verléieren, well et ass duerch déi 10 000 Stonnen, déi mer musse mol erakréien, fir iwwerhaapt mol e bëssen ze wëssen, wat mer hei fäerdegbréngen, dass mer iwwerhaapt op dee Punkt kommen, an dat kanns de net iwwerspangen. Du kanns net einfach soen „Sou, elo maachen ech dräi Prompts an da kënnt e ganzen Zenario eraus“ an da mengen ech, ech wier den, keng Anung, Aaron Sorkin. Dat geet jo net. Et ass duerch de Schweess an d’Tréinen an d’Leiden an déi vill Zäit, Liewenszäit, déi s de investéiers an de Produit. Doduercher gëtt e gutt. Dat kanns de net court-cirquitéieren duerch eng Maschinn, déi Saachen erausspäizt.

***Eileen Byrne:*** Jo, genau. Ech kann dat just ënnerstëtzen. Also ech hu mech nach net sou vill mat KI beschäftegt, och well et mer Angscht mécht, a bon, Technik, déi Säit ass net sou menges. Ech si warscheinlech e bëssen naiv, mee ech hunn awer déi Hoffnung: Déi Maschinne wäerten ni eppes fillen a wann s de elo schonn ChatGPT frees, eng Synopsis ze schreiwe fir e Film, da kënnt eng Dräi-Akt-Struktur eraus, awer och net vill méi. An den Humor, wann s de sees „Schreif et eng Kéier am Stil vun enger Comedie“ oder sou, o la la. Et ass Humor fir ganz Klenger an ech mengen och eeben, wat eis beréiert an de Filmer sinn eeben Emotiounen, an déi wäert, hoffentlech, d’Maschinn ni kënnen. Si wäert, mengen ech, vill technesch ...

***Émile Schlesser:*** ... kënne maache wéi wann! Si kann et nomaachen.

***Eileen Byrne:*** Si ka probéiere wéi wann, mee da musse mer mol kucken, ob mir da wierklech eppes fillen oder ob et net behaapt ass, weess de sou: O, dann ass et immens emotional! Jo, super, an dengem Kapp jo, mee ... Also do sinn ech wierklech gespaant. Ech mengen, si wäert leider villes ersetze kënnen, natierlech alles, wat technesch ass an sou weider, genau. Dat ass sou meng lescht Hoffnung, dass dat d'Maschinn awer ni wäert kënnen. À voir.

***Émile Schlesser:*** Jo. Ech hat ee Moment gemengt, et wier vläicht praktesch ...

***Emmanuelle Vincent:*** A, pardon! Excusez ...

***Émile Schlesser:*** Ups, sorry! Sorry, sorry, sorry. Vas-y!

***Emmanuelle Vincent:*** Merci. Non, parce que je suis tout à fait d'accord avec ce que dit Eileen. Il y a cette question d'émotions, il y a l'humour. Enfin, nous, on travaille que avec l'humain, c'est ce qui fait la beauté aussi de notre métier et c'est vrai qu'il y a effectivement la question des scénarios et des scénaristes, mais il y a aussi la question des animateurs, enfin voilà, de tout ceux qui travaillent en animation. Ils sont inquiets, clairement, de ce qui va arriver, et donc il est très important pour nous d'être très au fait, de veiller, de faire attention à comment ça évolue. C'est aussi notre responsabilité de producteur de rester humain et d'accompagner nos équipes, pour nous, pour l'instant, mais tout ça est effectivement à voir, comment les choses évoluent, mais ça va pouvoir nous apporter des petits outils pour aider nos artistes dans leurs tâches. C'est la même responsabilité que celle de quels contenus on montre à notre public, quels contenus on montre aux enfants pour les aider à grandir, donc c'est une réflexion globale de l'éthique et de la responsabilité qu'on a en tant de producteur.

***Donato Rotunno:*** Nee, et ass méi kompliziéiert. Ech sinn net sou optimistesch. Wat och ëmmer geschitt, dat wäert elo geschéien. Also mir kënnen net bremsen. An dat wëlle mer och net bremsen, dat wär jo domm, mee op d'mannst versichen, matzekréien, wéi et sech entwéckelt a wou d'Gefore leien. Dat kënne mer maachen. Natierlech wäert et fir d'Technik ëmmer méi schwéier sinn, well du kanns haut de Montage maache mat enger KI. An et geet schnell. Et geet ganz, ganz schnell. A sechs Méint sinn d'Saachen nach vill méi wäit. Jo, wat maache mer domadder? Da musse mer domadder liewen. Wéi? Wat fir eng Form? Also wierklech dat net aus den Ae verléieren a ganz konkreet versichen, an deem een oder anere Punkt nach Saachen anescht ze maachen, mee si ass do.

***Émile Schlesser:*** A si wäert bleiwen. Déi, déi geet net méi fort.

***Fabien Colas:*** Et wier vläicht e gudde Moment dann, ze kucken, ob elo ee Froen huet. Dass mer de Leit och eng Chance ginn, dozou oder soss Froe stellen. Jo, wannechgelift.

***Émile Schlesser:*** Jo. Du kriss e Mikro!

***Nicolas Steil, aus dem Publikum:*** Merci. Also eng Fro zum Theema am Fong geholl. Wat fir ee Film wëlle mer fir 2030? Et si scho ganz vill intelligent Saache gesot ginn. Dobäi wollt ech soen: E gudde Lëtzebuerger Film ass e gudde Film. Et schéngt einfach ze sinn, mee et ass dat, wat et ass. Awer e gudde Film kann net gutt sinn, wann en net déi richteg Konditiounen huet, fir gemaach ze ginn. An an deem Kader, mir als ULPA, zesumme mat eise Kolleege vun der ALPA, sinn a konstruktive Verhandlunge mam LARS, mat der ALTA, mat Actors, also mat all deenen aneren Organisatiounen, am Kader vun der Professionalisatioun vum Secteur, fir datt jiddweree ka vun deem Metier liewen a fir datt et och méiglech ass, fir deen Nachwuchs, dee mer all brauchen, an d'Liewen ze ruffen.

À propos Konditiounen, fir e gudde Film ze maachen a fir datt d'Leit déi richteg Liewenskonditiounen hunn a kënnen am Secteur schaffen: Et ginn der véier. Et ass dat, wat mer och ugeschwat haten. Mir

brauche méi Budget fir de Filmfong, mir brauchen en zweete Guichet – c'est-à-dire sou wéi an deenen anere Länner, do hunn se et all –, e Crédit d'impôt, mir brauche Verhandlunge mat de Plattformen, mir hu gesinn, datt d'Leit manner an de Kino ginn, dat war an der Etüd vum Philippe Robin ganz kloer, justement, wann se d'Méiglechkeet hunn, fir d'Filmer ze kucken, wann se se wëlle kucken a wou se se wëlle kucken. Mir musse mat de Plattforme verhandelen, et gëtt eng europäesch Gesetzgeebung, déi elo an alle Länner implementéiert gëtt oder gouf. An de meeschte Länner ass et schonn implementéiert, do hunn d'Plattformen Obligatiounen.

Hei zu Lëtzebuerg brauche mer dat och a mir brauchen eng Modernisatioun vun eise Studioe vu Filmland. Dat sinn déi véier wichteg Theemen, déi mer mat der Politik ugeschwat hunn a wou ech dann nach eng Kéier wëll soen, datt eise Minister hei en oppent Ouer hat. En huet gelauschtert, ech mengen, en huet verstanen, a meng Fro, am Fong geholl, déi geet elo net onbedéngt un iech Panelisten, Invitéen, déi geet méi un hien: Was ist der Stand der Dinge, wou sti mer? Hu mer eng Méiglechkeet, an déi Richtung ze goen, elo, de Lëtzebuerger Film 2030, les moyens de nos ambitions, wéi gesäit et aus vis-à-vis vum Budget, vis-à-vis vum Crédit d'impôt, vis-à-vis vun de Plattformen a vis-à-vis vun der Evolutioun vun de Studioen? Avons-nous les moyens de nos ambitions, fir méi Lëtzebuerger Filmer ze maachen, besser Lëtzebuerger Filmer ze maachen, an datt mer all kënnen dervu liewen? United we stand. De Contraire ass net wouer. Merci.

***Émile Schlesser:*** Mer haten nach eng Fro hei vir.

***Gilles Zeimet:*** Gudde Moien. Et ass un sech manner eng Fro, mee eppes, wat ech awer an d'Diskussioun awer, mengen ech, scho vill erawerfen als Direkter vum CNA, wat déi nei Technologië betrëfft. Dat ass, datt och do de Volet vum Archivage net däerf vergiess ginn. Mir, de Secteur hei, Pellicule archivéieren, dat hu mer esou lues geléist. Mir stellen eis och nach d'Fro vun de Videoformater, well do ass och ëmmer dann zum Beispill och de Support, deen degradéiert, mee och déi Maschinnen, fir déi Supporten ze liesen, degradéieren a sinn net méi do. A mir gesinn och do änlech Evolutioune mat neie Saachen.

Wann een elo seet Gaming, wann ee seet XR, sinn dat oft similaire Technologien, Unity zum Beispill, déi awer viraussetzen, datt mir och hei mussen do kënne matzéien, an och do eis komplett nei opstellen, well et och net duergeet, déi Donnée un sech ze sauvegardéieren, mee och: Wéi kann ech déi Experienz vun deem, wat elo gemaacht ginn ass, an zéng Joer nach eng Kéier hunn? Also an zéng Joer déi Experienz an dem neie VR-Brëll vun deem Moment, oder soe mer „Nee, nee, de VR-Brëll selwer war Deel dovunner"? Dat wëll ech engersäits mat erageheit hunn. Wichteg ass, datt dat och muss mat eis zesumme geduecht ginn. An deen anere Volet ass, bei der KI wollt ech awer d'Diskussioun och erageheien, datt een et, mengen ech, muss e bësse méi diversifiéiert kucken. Nummer eent, et gëtt hei déi Angscht virun enger komplett generativer KI, déi seet, de fäerdege Skript, de fäerdege Film. Dat ass deen ee Volet. Op där anerer Säit ass awer och do, wat d'Educatioun betrëfft: Et gëtt awer an all äre Beräicher elo scho KI, déi är Liewe méi einfach maachen, déi awer trotzdeem zur Kreativitéit bäidroen. An der Gestioun vun der Colorimetrie vun engem Film kënnt der mat KI Saache maachen, déi virdrun net méiglech waren. Dir kënnt ... aner Beispiller a sou weider ... datt dat och mat dran ass, an datt een do soll net d'KI direkt verdäiwelen, mee soen, engersäits sinn et déi Outilen an anerersäits déi Angscht virun enger komplett generativer KI, déi alles wäert fäerdeg maachen. Ech weess net, ob déi ëmmer sou justifiéiert ass, well dat ass nach en extreem wäite Steen, wou een zum Beispill kann d'Autoindustrie kucken: 90 Prozent kann den Auto independant fueren, mee déi aner zéng Prozent, do brauch een de Mënsch nach ëmmer, wäert een de Mënsch nach brauchen. An ech mengen och do an där Diskussioun wäert de Mënsch bleiwen.

***Émile Schlesser:*** Jo, merci. Nach eng Fro hei vir. Wéi vill Zäit hu mer nach?

***Guy Dockendorf:*** Jo, gudde Moien, Guy Dockendorf. Ech war 21 Joer laang am Kulturministère an ech hat d'Chance, wéi den éischte Filmfong gegrënnt ginn ass vum Kulturministère 1990, fir och do e bëssen ze hëllefen. Ech muss soen, d'Evolutioun vum Filmfong – ech streeën elo keng Blummen – ass formidabel an et sinn immens vill Saache geschitt. An ech erënnere mech och, dass vun Ufank un och e klengen Deel vum Budget virgesinn ass, an och haut nach ass, fir Leit ze hëllefen, Dréibicher ze schreiwen. De Mueren, et ass e puermol gesot ginn, mir brauche méi Geschichten, méi Lëtzebuerger, och aner Geschichten, awer ech hunn d'Gefill, dass e ganze Koup Leit hei am Land mengen, doduercher, dass se mat engem Smartphone oder mat enger Kamera kënnen ëmgoen, dass se dann och automatesch kënne gutt Filmer dréinen. An dat, wat mir Suerge mécht – a viru Kuerzem war esou eng Fro an der Press erschéngen: Wéi kënne mer et maachen, dass Leit, déi eigentlech eng gutt Iddi hunn, sech och net scheien, fir Hëllef sichen ze goe bei de Filmfong, fir bei den Dréibicher gehollef ze kréien oder fir eng Dokumentatioun nosichen ze loossen? D'Sue si jo do. D'Sue sinn do, vun Ufank un, an ech weess net, wat do d'psychologesch Barriär ass. Voilà.

***Émile Schlesser:*** Ass dat eng Fro, op deen een hei wëllt äntweren? Ech weess et net.

***Guy Daleiden:*** De Guy huet jo eis direkt ugeschwat. Déi Fro do, du hues absolut Recht, déi hu mer jo schonn, säit et de Filmfong gëtt, well déi Trennung ëmmer war, dass de Filmfong dee professionelle Volet ofdeckt, déi international Koproduktiounen, an de Rescht war e Lach, ass du gesot ginn ass, well den CNA a senge Missiounen d'Educatioun och huet, dass dat éischter bei hinne léich wéi bei eis. Dono ass vermëscht ginn, mir hunn déi Carte-blanchen, mir hunn d'Aide-aux-auteure kreéiert, dass e ka bei eis Sue kréien, ouni musse mat engem Produzent ze kommen. Dat huet immens vill gehollef – et ass deen éischte Sprong, wou s du sees, wou ee fäert vläicht, fir bei eis ze kommen –, dass et iwwert dee Wee geet. Dat huet, mengen ech, ganz vill Produktiounen awer kreéiert, et sinn aner Initiativen, wéi *Feierblumm* an sou weider oder och d'Kreatioun vun de Quickies, d'Eileen huet éinescht dovu geschwat, wat awer hëlleft. Natierlech ass et awer och esou, et ass net jidderee Realisateur ass oder Scriptwriter, dee mengt, e wär et. Ech mengen, net jiddereen, deen doheem eng gutt Iddi huet oder eng Iddi liest, ka muer dorauser e Film maachen, deen och nach am Kino ka gewise ginn oder op der Tëlee d'Leit begeeschtert.

Ech mengen, et ass eng Kombinatioun, an den CNA, den neien Direkter, mir hate jo scho Rendez-vousen, mir kucken, eng Kéier eng Lëscht ze maachen: Wéi eng Missiounen erfëllt den CNA, wéi eng Missioune maache mir a wéi eng Missioune kënne mer zesumme maachen? Ech mengen, dat géif hëllefe schonn, fir déi Dossieren, vun deenen s du elo schwätz, déi vläicht do an d'Lach falen, fir deene kënnen ënnert d'Äerm ze gräifen.

***Oscar Martin:*** Oui, bonjour. Je suis Oscar Martin de actors.lu. Je voulais aussi apporter au débat l'importance culturelle pour le pays de la, enfin ... Le Luxembourg, c'est un carrefour, contrairement à l'Islande, peut-être, qui est une île. Le Luxembourg est un carrefour culturel, européen, à trois langues nationales, il y a également l'allemand et le français. Alors, c'est très important que ce soit aussi reflété dans les productions luxembourgeoises. On a utilisé comme success story *Capitani*, mais il y a aussi un autre succes story, par exemple, c'est *La Valise Rouge*, qui reflète très bien ce qui est le Luxembourg. On montre l'aéroport de Luxembourg, on parle en luxembourgeois, en français, en anglais et en farsi, donc on reflète une réalité qui est très importante et qui est, et qui, qui est appréciée. Alors, voilà, je voulais savoir votre avis sur ça. Merci.

***Émile Schlesser:*** Ech mengen, et ass déi lescht Fro, déi mer beäntweren, also make it count, Eileen.

***Eileen Byrne:*** Ech ka just ganz kuerz soen, ech stëmmen deem natierlech zou, grad ech, wat véier Nationalitéiten huet, an ech fille mech awer lëtzebuergesch, also ech sinn eng Lëtzebuergerin an ech hunn d'Méiglechkeeten, a verschiddene Sprooche Filmer ze maachen. Dat gehéiert zu Lëtzebuerg derzou, an do ginn et ganz, ganz, ganz vill aner Leit. Mir hunn elo vill iwwer Filmer op Lëtzebuergesch geschwat, mee natierlech sinn all d'Sproochen, déi hei geschwat ginn, inclus a Lëtzebuerger Filmer a Lëtzebuerger Geschichten. Voilà.

***Guy Daleiden:*** Ben, ech ginn dem Oscar honnertprozenteg Recht. Ech mengen, et ass ee vun den Defien ... Ech ka mech erënneren, d'lescht Joer zu Cannes hat ech herno vun de véier groussen Defie geschwat, déi mir gesi fir d'Zukunft. Dat éischt ass: Wéi eng Aidë fir wéi eng Filmer? Mir sinn amgaangen am Moment, mat den Associatiounen – mat der ULPA, mat der ALPA, mat deenen aneren Associatiounen – ze kucken, wéi ännere mer eis Aiden en fonction vun der Evolutioun, déi an deene leschte Jore geschitt ass, a vun der Situatioun, wou mer haut sinn? Ech mengen, fir déi richteg Aiden – dir hutt vu Carte blanches fir Long-métragen a sou weider geschwat –, ech mengen, dat sinn alles Diskussiounen, déi mer musse féieren, well mer mussen erausfannen, wat dat Bescht ass, fir kënnen déi richteg Produktioun ze maachen.

Een Defi, dat ass d'Opaarbechte vun eiser aktueller Legislatioun. Den zweeten: d'Jugend erëm erukréien an halen an de Secteur weiderentwéckelen. Ech mengen, dat ass haut laang genuch diskutéiert ginn. De Minister huet eppes nach mentionéiert, wat eis ganz wichteg ass, dat ass de Green-Shooting. Mir mussen oppassen, an et geet net nëmmen drëm, fir Plastiksbecheren duerch Glieser ze ersetzen, mee ech mengen, dat ass eng Evolutioun, och international. Mir sinn do amgaangen, notamment och am Kader vun den däitschsproochege Länner an Europa ze kucken, wéi kënne mer Produktiounen anescht organiséieren, fir dass een net fir zwee Deeg vu Wien op Lëtzebuerg kënnt mat enger ganzer Ekipp, fir dat ze maachen? Ech mengen, Green-Shooting ass e Problem, ass en Defi, an dee musse mir och zu Lëtzebuerg ugoen. An dee leschte Punkt ass deen, vun deem den Oscar elo geschwat huet, ech mengen, dat ass d'Diversitéit. D'Diversitéit zu Lëtzebuerg, déi multikulturell Diversitéit muss sech och an eise Filmer erëmspillen. An ech schwätzen net nëmmen iwwert déi Diskussioun, déi ronderëm den éischte *Capitani* war, mee ech mengen, et ass eng kulturell Diskussioun, eng kulturell Diversitéit, déi mer mussen an eise Filmer mat erakréien, a mer mussen och d'Diversitéit Mann-Fra ugoen. Dat ass net nëmmen am Ausland esou, mir mussen dat och zu Lëtzebuerg weiderdreiwen an dofir kucken, dass mer eis Filmer oder eis Oeuvren an der Zukunft esou kënnen opbauen, dass déi Vilfalt, déi d'Gesellschaft zu Lëtzebuerg bitt, och an eisen Oeuvren erëmzefannen ass. Dat sinn déi véier Defien, déi mir als Filmfong fir d'Zukunft gesinn.

***Eileen Byrne:*** Dozou géif ech just um Schluss nach gär eppes soen, an zwar mat der Diversitéit, dat ass wierklech eppes ... Filmer maachen ass e Luxus, muss ee wierklech soen. Et ass schwéier, dovunner ze liewen, vun der Realisatioun, vun den Zenarioen, bestëmmt och vun anere Beruffer. Ech kenne bal keen, deen sech hei zu Lëtzebuerg e Loyer ka leeschten, tatsächlech. Vill, wéi ech, wunnen am Ausland, mir kéinten eis hei kee Liewe leeschten. An ech kommen aus engem privilegéierten Haushalt, meng Elteren hu Sue verdéngt. Mee fir Leit, déi net aus sou engem Haushalt kommen, ass eng Barriär do. Wéi sollen déi sech sou e Beruff leeschte kënnen? An dat ass, mengen ech, e ganz wichtege Punkt. Mir verléieren all déi Geschichte vun all deene Leit, déi dat net kënnen. An ech mengen, do musse mer och einfach kucken, dass ee vun deem Beruff liewe kann an dass mir doduercher net nëmme privilegéiert Geschichten hunn, mee wierklech Geschichten aus der Bevëlkerung.

***Fabien Colas:*** Jo, an domat maache mer elo eng kleng Paus. Dat war déi éischt Table ronde. Villmools merci eise Gäscht. Ech mengen, et ass eng Paus vu 15 Minutten an da maache mer weider mat eiser zweeter Table ronde. Villmools Merci.

--- Paus ---

**Deuxième table-ronde : *Le film comme métier***

**Avec :**

- **Pia Dumont, monteuse**
- **Bernard Michaux, producteur**
- **Luc Schiltz, acteur**
- **Anne Schroeder, réalisatrice, productrice et coordinatrice du BTS Cinéma et audiovisuel au Lycée des arts et métiers**

***Émile Schlesser:*** Ech hoffen, Iech dréit net ze vill de Kapp respektiv Dir sidd net allze déif ageschlof. Mir hunn Iech nach eng zweet Table ronde versprach an déi kritt Der elo. Alt erëm e wichtegt Theema, an zwar de Metier am Film. Alt erëm en Theema, wat eis alleguerten och beschäftegt, an do hu mer erëm eng Rëtsch Leit, déi ganz Interessantes dozou ze soen hunn, an zwar hu mer do ...

***Fabien Colas:*** ... Mer fänken u mam Anne Schroeder, Realisatrice, Produzentin a Coordinatrice vum BTS. An dann hätte mer de Bernard Michaux, Produzent, d'Pia Dumont, Monteuse, an de Luc Schiltz, Schauspiller. (Et missten all nei Glieser sinn a Fläschen.)

***Émile Schlesser:*** Et ass souguer e Fläschenëffner vum Kichechef dobäi.

***Fabien Colas:*** Si hunn en aneren do leien.

***Émile Schlesser:*** A sou, a tiens.

Sou, wann Der mer erlaabt, da géing ech elo dat Ganzt lancéieren, mir hunn eis Gedanke gemaach, mat wat een hei am beschten ufänkt, an ech mengen, wa mir iwwer de Metier schwätzen a mir hu virdrun Zuele gesinn, wéi vill Leit iwwerhaapt an deem Metier, an deem Secteur hei am Land schaffen, da stellt sech d'Fro: Si mer zu genuch, wa mer wëllen an Zukunft méi Projeten eventuell maachen, méi Projete gläichzäiteg maachen, gréisser Projeten, méi eng héich Zuel vu klenge Projeten? An ech riichte mech elo mol gären un de Bernard, wëlls du eis net hei lancéieren emol? Du bass an dengem Feld als Produzent och zimmlech einsam un der Front an denger Generatioun, wëll ech soen, an drënner gëtt et net ganz vill Leit, déi norécken. Hu mer ee Manque u Leit an eisem Secteur? Ech mengen net nëmmen Techniker, Schauspiller, natierlech och Auteuren, Realisateuren an an dengem Fall och Produzenten. Wa jo, wat kënne mer dogéint maachen?

***Bernard Michaux:*** Ok, dat si scho rëm ganz vill intelligent Froen. Also, ech mengen net, datt ech u wäiter Front sinn. Ech menge schonn, datt et ganz vill Jonker ginn, déi ganz interessant sinn, déi sech och fir de Beruff vum Produzent interesséieren an déi mer mussen an den nächste Joren ënnerstëtzen. Dat net nëmme bei de Produzenten, mee ech mengen, datt mer allgemeng mussen déi Jonk ënnerstëtzen, vläicht méi ënnerstëtzen, wéi mer dat bis haut gemaach hunn, fir an deem Beruff ze bleiwen. Datt mer net denken ... De Status quo ass am Fong, datt mer zwou, dräi wierklech gutt Ekippen hunn zu Lëtzebuerg, fir e Film ze maachen, net méi. Dat ass och näischt, wat mer, mengen ech, dem Ausland verspriechen.

Wann Der Äre Film gär maacht, ma dann, wann déi Ekipp fräi ass. Mir kënnen net dréinen, wann Dir wëllt dréinen, mee mir dréinen dann, wann eis Leit fräi sinn. Wa mer lo ufänken, datt mer do op

eemol soen „Ok, mir brauchen dräimol sou vill Ekippen“, ma da kënne mer zwar dréinen, wéini mer wëllen, mee da sëtzen och vill Leit laang Zäit doheem an hu keen Job. Dat gëllt et och ze vermeiden. Dat heescht, et geet drëms, de richtegen Equiliber ze fanne vu Leit, déi schaffen, an ech mengen awer, datt dat wierklech soll eng Prioritéit sinn, datt mer virun allem sollen oppassen, datt mer méi Jonker un dee Beruff eruféieren, datt mer – e bësse wéi d'Eileen och elo grad gesot huet – méi Jonker aus verschiddene Milieuen un dee Beruff eruféieren, do méi Ënnerstëtzung bidden, fir méi Inklusioun méi einfach ze maachen, fir datt mer an Zukunft kee Problem kréien, well do mengen ech wierklech, datt mer riskéieren, een ze kréien, wa mer net e puer Saachen awer änneren, déi een, wéi den Donato awer och scho gesot huet, schonn zanter méi Laangem gesäit. Do musse mer weidermaachen a vläicht nach eng Schëpp Kuele bäileeën, fir Jonker an de Beruff ze kréien an dran ze halen.

***Émile Schlesser:*** Do sëtze mer un der Source hei. Du, Anne, als Coordinatrice vum BTS, suergs derfir, dass den Nowuess noréckt. Wat gesäis de do fir Méiglechkeeten, fir dat Ganzt nach auszebauen?

***Anne Schroeder:*** Also, ech wëll dat opgräifen, wat de Bernard elo gesot huet. Also, ech wëll drun erënneren, dee BTS, deen ech eebe representéieren, dat ass de BTS Cinéma et Audiovisuel, an deen hu mir zesumme kreéiert. Deen ass aus dem Secteur eraus entstanen. Déi Leit, déi derbäi waren, déi hei am Sall sinn, kënnen sech drun erënneren, datt mer dat virun iwwer zéng Joer zesummen developpéiert hunn an datt mer gesot hunn, mir hätte gären eng Formatioun, déi et erlaabt, Lëtzebuerger ze forméieren, fir datt en se no zwee Joer oder doriwwer eraus, well se kënne jo och de Studium weiderféieren, zu Lëtzebuerg kënne weiderschaffen. Dee BTS Cinéma et Audiovisuel, dee war vu vir eran, kann ee scho soen, eng Success-Story.

Also, mir huelen nëmmen 12 Leit pro Joer eran, dat heescht, et war ni d'Gefor, datt mer ze vill Leit forméieren, well déi Leit, déi mir forméieren, déi komme largement am Secteur ënner, wann se et da wëllen. Elo an deenen zéng Joer, mir hunn natierlech elo och eis Statistike gemaach, net esou gutt ewéi den Här Robin, mee mir maachen awer eis Statistiken ... an et ass esou, et sinn elo 110 Diploméierter an deenen zéng Joer, datt am Fong geholl eng Employabilitéit ass vu 87 %, wat supergutt ass an deenen éischte Joren, soen ech duerchaus. An Employabilitéit, do schwätzt een och vum Secteur Cinéma a Secteur Audiovisuel. Mir hu jo déi zwee am Titel a mir forméiere fir déi zwee, dat heescht, mir forméieren och Techniker ganz geziilt op de Kino. Do ginn et Beruffer, e Script-Continuity, Assistant réalisateur, DIT, déi wierklech haaptsächlech oder fir net ze soen nëmmen am Kino stattfannen, an déi forméiere mer och an nëmmen zwee Joer. Dat heescht, dat ass natierlech e bësselche Rock 'n' Roll. An de Gros vun hinne wëll och am Kino schaffen.

Déi aner Leit, just nach entre parenthèses, wat geschitt mat deenen, déi am Fong geholl net duerno do schaffen? Ma déi hunn am Fong geholl op eng relativ einfach Aart a Weis festgestallt, datt se net dofir gemaach sinn. An dat fannen ech och kee Feeler, wann een, éier een x Joren sech an eppes lancéiert, datt ee mol op engem Tournage war a seet „Dat doten ass iwwerhaapt näischt fir mech“. Wat awer effektiv am Laf vun der Zäit sech als ëmmer méi problematesch an notamment zënter 2020, zënter dem Confinement, erausstellt, ass, fir d'Leit am Secteur ze halen. Do ginn et eng Rei vun Ursaachen. Ech soe lo mol just einfach sou dat, wat mer sou direkt ad hoc afält. Also déi eng Saach ass déi, datt mer guer kee Problem hunn, fir d'Leit a Stagen ze kréien. Dat war wierklech nach ni e Problem. Se hunn Toppstagen, mir hunn Topptournagen zu Lëtzebuerg. Also d'Leit hunn immens gutt Stagen an da kritt een och dann de Feedback: „Jo, also déi Leit si forméiert, sou wéi mir dat brauchen.“

An nach eng Kéier: Wann et net dat ass, wat mer do forméieren, et ass dem Lëtzebuerg säi BTS, also mir kënnen dat och adaptéieren, mir kënnen dat och anescht maachen. Dat kënnt ëmmer drop un, wat mir och gesot kréien, et kritt een da ganz oft gesot: „Jo, dee war elo awer wierklech gutt.“ An da gesäit een, wéi déi Leit evoluéieren. Hei am Sall gesinn ech der, mengen ech elo, sechs vun den Ex-Studenten, dat heescht, se sinn iwwerall. Mee effektiv, hei am Sall sëtzen der och, déi no e puer Joer

opgehalen hunn, an dat ass och gutt esou. Wat déi Jonk ganz gutt kënne maachen, si kënne sech och selwer organiséieren. Et mécht een eng Carte blanche, et mécht een och eng zweet Carte blanche an et mécht een Tournagë mat Kolleegen, wou ee keng Suen derfir kritt. An dat geet awer iergendwann eng Kéier, also de Coup de pouce, dee gëtt et entretemps, also och effektiv déi Aide aux auteurs, vun där ech aktuell selwer profitéieren, dat si wierklech ganz gutt Initiativen. Also do ass scho reell eppes geschitt.

Mee et geet fir déi Leit natierlech och iergendwann eng Kéier drëm: Wéi kann ech dovu liewen? Dat, wat d'Eileen gesot huet. An déi Stagiairen, déi da virdrun zwar ganz gutt waren, mee non remunérés, obwuel ee lo jo och mat deem neie Gesetz och muss d'Stagiairë bezuelen, mee dat ass elo eng aner Diskussioun. Wann een dann dat Joer drop seet: „Fir deng Script-Continuity oder fir de Video-Assist oder wat och ëmmer, do gëtt et jo deen an deen, dee war jo d'lescht Joer gutt. A nee, 150 Euro ...“ An ech soe lo ganz bewosst Salairen ... „150 Euro, nee, also déi hunn ech zwar elo dofir net, well ech fannen awer och ëmmer e Stagiaire, dee vläicht manner oder sou ...“ Dat heescht, de Problem ass reell. Also wéi kommen ech weider, wéi kommen ech iwwer dat drëtt Joer a wéi ass et dann, wann et net duergeet, fir einfach mat der Frëndin e Loyer hei zu Lëtzebuerg ze bezuelen? A wann ech elo vun deenen 150 Euro schwätzen ...

Wann een elo vum *Metier du film* schwätzt, da geet et jo fundamental drëm, wéi eng Kompetenze si gefrot a wat ass eis dat wäert? Also wa mer Independant sinn, da muss ee verhandelen, da gëtt gesot, dee kann dat an dat, an da gëtt gekuckt: Wéi vill ass eis dat wäert? Pauschal kann een net soen, ass dat 150 Euro wäert oder net. Heiansdo hu mer och jonk Leit, déi froen d'Joer dono 700 den Dag, dat fonctionéiert natierlech och net, dat ass och evident. Mee et geet eigentlech drëm: Wat sinn déi Kompetenzen, déi mer brauchen? A wann déi Leit dann déi Kompetenzen hunn, da sinn dat awer forméiert an deelweis héichspezialiséiert Techniker, ouni déi mer den Tournage och net maache kënnen. An dat, wat amgaangen ass, e bëssen an eng komesch Richtung ze goen, fannen ech perséinlech, dat ass, datt ech ëfters elo Gespréicher hat mat Directeurs de production, also Production-Manager, oder och Produzenten, déi soen: „Jo, ech brauch een, iergendeen, fir d'Perch ze halen. Ech brauch iergendeen, fir Continuity ze maachen.“ Nee, dat ass net iergendeen, dat ass een, deen dat geléiert huet, an dee kann dat och. A wann deen dat anstänneg mécht, da verhënnert zum Beispill d'Continuity-Script ...

Fir all déi aus dem Secteur, déi wëssen, wat dat ass, eng gutt Continuity-Script, da spuert een déi Suen, déi een an déi investéiert huet, herno beim Montage an an der Postproduktioun. Dat ass de Sënn dovunner. An heiansdo wësse mir selwer ënnerteneen net méi, wat mer maachen. Also den Donato huet gesot, et ass e Beruff. Ech ginn elo dervun aus, dass de vum Beruff vum Produzent geschwat hues. Ech weess elo net, mee dat alles ass e Beruff. Et ass net all Realisateur d'office e gudde Produzent an et ass och net all Produzent e gudde Realisateur. Ech däerf dat selwer soen, well ech jo déi zwee jo och maachen. Et ass awer och net all Realisateur e gudde Monteur an et kann net jiddwereen alles maachen. A wa mir eis abilden, mir kéinten alles gutt maachen a mir géife wëssen, wat déi aner maachen, da gi mer och forcement dervun aus, datt dat vläicht net ganz vill wäert ass, well et geet jo drëm: Wat ass dat fir eng Formatioun, déi ee brauch, fir datt een zu engem bestëmmte Salaire kënnt?

An et geet eeben net nëmmen iwwer d'Suen. Vu datt mer elo vun 2030 geschwat hunn, dat war elo bei der leschter Table ronde, ech ginn elo zéng Joer zeréck, wéi mer deemools de BTS zesumme kreéiert hunn. Ech denke reell, datt mer missten erëm méi effektiv richteg matenee schwätzen, fir zu engem gemeinsamen Zil ze kommen an och ze verstoen, wat deen anere mécht. Deelweis wësse mer net méi, wat dee Beruff beinhalt. A wat genau ass et haut? Well eis Beruffer hunn alleguerten total geännert. Ech hu mam Pia Dumont Montage geléiert. Dat huet esou geännert, datt jo och déi Kompetenzen, déi derbäikommen, ëmmer änneren. Mir hu jo elo en immens grousse Virdeel an deem heite Secteur, dat ass, datt mer an Ekippe schaffen an datt mer och an Associatiounen organiséiert sinn. An ech mengen och, wat elo déi Jonk betrëfft a wat d'Zukunft betrëfft, muss een e

bëssen eng aner Aart a Weis fannen, fir openeen ze lauschteren, well ech weess och net genee ... Déi Jonk bleiwe ganz oft net am Secteur. Si bleiwen net am Secteur aus diverse Grënn an dorobber muss ee reell oppassen, well effektiv, ech weess vu richteg gudde Leit, déi opgehalen hunn. Gottseidank, soen ech elo just fir déi Jonk, gëtt et de Secteur de l’audiovisuel, dee wierklech rekrutéiert an och bezilt. Awer da sinn se fir de Kino net méi do, déi Leit.

***Fabien Colas:*** Jo, do ass vill, fir drop ze reagéieren. Bon, engersäits, wat mech géif interesséieren, also een Haaptpunkt, wou mer wëlle jo driwwer schwätzen, ass: Wéi kann een deene Leit och d’Gefill ginn, dass se kënne mat deem Beruff Sue verdéngen? Wann een elo aus der Schoul kënnt, huet ee säi Stage gemaach, et mécht een een Tournage an da kënnt net direkt deen zweeten. Wéi iwwerbréckt een dat? Wéi mengt een „Ok, do kënnt eppes weider?“. Dat ass einfach d’Aarbecht vun engem Fräischaffenden zu Lëtzebuerg. Engersäits hu mer genuch Leit an anerersäits hu mer genuch Projete fir déi Leit. Et ass interessant, wat s du gesot hues, Bernard. Du mengs, wa mer dräi Ekippen hätten, da géifen d’Leit net alleguerte schaffen. Dat heescht, du mengs, et wieren net genuch Projeten do, fir dat ze ënnerstëtzen, oder ...?

***Bernard Michaux:*** Nee, ech hu gesot, mir hunn dräi gutt Ekippen am Land, mee mer hunn awer keng sechs gutt Ekippen, déi parallel kéinte schaffen. Mir hu keng sechs Tounmänner, mir hu keng sechs ... Also op verschiddene Plazen hu mer genuch Leit, mee op anere Plaze geet et einfach net duer, fir eng ganz Ekipp ze maachen. Dat ass, mengen ech, dat, wat ech wollt soen. A fir kuerz op d’Anne ze reagéieren: Ech ginn der ganz Recht, datt d’Zil muss sinn, déi Leit am Kino ze halen, an ech mengen, dat soll och d’Fro sinn: Wéi kënne mer se am Kino halen? An ech ginn der ganz Recht, et däerf net sinn, datt een 100 Euro gebuede kritt, fir egal wat ze maachen, well et sinn alles Metieren an ech hoffen, datt dat d’Ausnam ass. Also, ech kennen dat aus mengem Alldag e bëssen anescht, mee d’Haaptzil ass dat: Wéi kréie mer déi Leit, déi dann awer eng gutt Ausbildung kréien am BTS, längerfristeg an der Branche gehalen?

***Fabien Colas:*** Jo, do geet et jo och ëm d’Theema Barème, ob een e Barème aféiert, dass een eebe vläicht net dee Problem huet. Wat hale mer dovun? Soll dat gemaach ginn? Géif dat Problemer deelweis léisen, dass de eeben net kanns bei eng Persoun goen a soen: „Du hues dat doten nach ni gemaach, mee mir brauchen elo een, deen dat muer fëllt. Du kriss just 150 Euro.“

***Émile Schlesser:*** Kënne mer vläicht mol dem Pia d’Wuert ginn zu deem Theema?

***Pia Dumont:*** Jo, also ech géing do méi wäit aushuelen, well d’Salairë sinn elo net dat Eenzegt. Dir sidd vläicht all e bëssen dodriwwer erstaunt, ech weess et net, mee bei den Techniker ass et an deene leschte Jore ganz schlecht gaangen. Dat heescht, et si ganz vill Leit, déi ganz wéineg Aarbecht haten, an nach vill manner Aarbecht, déi och normal bezuelt war, also gutt bezuelt war – sou gutt bezuelt, dass ee kann dovunner liewen. A wann een dovunner schwätzt, fir dovunner ze liewen, dann ass dat och nach net onbedéngt zu Lëtzebuerg liewen. Well déi meescht, déi soen, se géingen dovunner liewe kënnen hei, déi hunn iergenden Apport extérieur, entweeder ass dat vum Partner oder vun den Elteren, well se eng Wunneng kritt hunn.

Also et ass Milieu, wou ee muss privilegiéiert sinn aus verschiddenaartege Grënn, och awer eng Kombinatioun vu verschiddene Grënn, fir et iwwerhaapt ze packen. Dann ass et esou, bei den Techniker herrscht ganz vill Inquietude, datt mer iwwerhaapt nach Aarbecht hunn an der nächster Zäit. Mee mir wëssen et net, well an de leschten dräi Jore war et ganz, ganz schwéier, esouguer vläicht méi wäit nach gerechent, och wéinst dem Covid-Knacks.

Ech huelen e bësse meng Notten, well ech sinn als Techniker net sou oft virum Public a muss net sou oft schwätzen, dofir hëllefen ech mer dann e bësselchen. Säit der Abolitioun vum Punktesystem geet et bei ons ganz schlecht, well mer ganz vill Leit hunn, déi net méi vill Aarbecht haten. An do hu mer e puer Grënn detektéiert, zum Beispill, dass et an anere Länner och protektionistesch Mesurë ginn an dass, wann déi aner Länner dat net bei sech och aboléieren, da fonctionéiert dat net. Wann eebe

Koproduktioune sinn, da geschitt bei ons guer näischt méi. Dann huelen déi erëm hir Leit a fäerdeg. Do hu mer wierklech eng grouss Demissioun gesinn. Da ginn et souwisou bei den Techniker zwee Domainen, déi particulièrement vulnerabel sinn. Dat ass d'Chef-oppen, dee Secteur, an de Montage, well dat einfach zwee Poste sinn, déi bei de Koproduktioune ganz wéineg beluecht gi vun de Koproduktkteuren, well déi huelen dat dann ëmmer mat an hiert Land. Mee déi aner Secteure sinn awer och ganz staark betraff dovun, also et ass net nëmmen d'Monteuren, d'Monteusen an d'Chef-oppen.

Et sinn der och scho vill, déi opgehalen hunn. Ech hunn eng kleng Statistik och e bësse gemaach, ça parle. Ech hat elo net d'Zäit gehat, fir fir de ganzen Domaine – well mir si jo awer zu vill – prezis Statistiken ze hunn, mee am Montage, wann ee kuckt: 2010 ware mer zu 12, et hunn der scho siwen opgehale vun deenen 12, well et net opgaangen ass finanziell oder well mer Beruffer maachen, wou et net mat engem Familljeliewe kompatibel ass, well een eeben esou engagéiert muss sinn, och zäitlech, dass een déi zwou Saachen net zesummekritt.

Et sinn der awer och entre-temps nach dräi bäikomm. Dat heescht, elo si mer dann zu aacht. A vun deene Projeten, déi gemaach ginn, do ass et och esou: Et ginn déi Projeten, vun deenen ee ka liewen, an et ginn déi Projeten, vun deenen een net ka liewen. Déi Projeten, vun deenen ee ka liewen, sinn dann déi méi grouss Projeten, also Long-métragen, Long-métrage-Fiktioun, Long-métrage-Documentaire oder Serien, wann ee konsequent och genuch Episode mécht, zum Beispill. Do ginn et dann eng Rei Projeten – déi méi kleng Projeten –, dat kënnen Trailere sinn, Teaseren, Court-métragen oder Carte-blanchen, Quickies a sou weider.

An et gëtt ëmmer dovunner geschwat, dass dat déi Jonk sinn, déi do eng Chance kréien, déi dat maachen, mee dat entsprécht och net honnertprozenteg der Realitéit um Terrain. Déi sollen natierlech hir Chance kréien an dat ass jo och richteg, mee entretemps, déi, déi scho méi laang dobäi sinn, déi hunn déi Long-métragen an déi Serien an all déi grouss Projeten iwwerhaapt net. Dat heescht, déi brauchen déi kleng Projeten a si kënnen awer net dovunner liewen. Ech hunn elo eeben opgeschriwwen, wéi et am Montage war, well dat elo fir mech méi accessibel war, fir do Chifferen ze kréien. Wéi gesot, mir sinn dann zu aacht.

Vun 2020 bis 2024 déi grouss Projeten, vun deenen ee ka liewen, do hate mer der 2020 zéng, also fir ons aacht zesummen. Déi musse mer ons deelen op aacht Persounen an där kleng Projete waren et der siwen. 2021 ware siwe Projeten, vun deenen ee ka liewen. Mir sinn awer zu aacht a 14 där klenger Projeten. An deene siwe Projete war keen eenzege Long métrage dobäi. 2022 ware sechs grouss Projeten, vun deenen ee ka liewen, an zéng där klenger. 2023 waren nach just véier Projete bei deene grousse Projeten an 12 där klenger Projeten. 2024 waren et der erëm sechs Projeten op aacht Leit verdeelt a 17 där klenger Projeten, vun deene mer awer jo net kënne liewen, well et entweeder ze kuerz Zäite sinn oder eeben net genuch bezuelt.

Dat heescht, bei ons Monteuren, mir hunn eis d'Fro all zesumme gestallt: „Wéi ass et, wann dat elo nach esou weidergeet, wee wäert ophalen?" Do hu mer all mat aus engem Mond geruff: „Majo, mir alleguerten." Mir kommen net méi iwwer d'Ronnen, wann et esou weidergeet. A mir hunn och elo héiere bei deene Statistike virdrun, dass do soi-disant esou 45 grouss Projete waren, Long-métragen an hei an do, mee dat sinn net mir, déi déi maachen. Ech hunn déi prezis Chifferen eebe vum Montage, mee an der Postproduktioun Toun ass et ganz änlech. An ech hunn awer och héiere vun der ADEM, dass och um Tournage, also an deene Metieren a bei den Techniker, och scho ganz vill Leit opgehalen hunn, an dofir sinn d'Perspektiven awer fir déi Jonk, also ech weess net richteg ... Ons Chiffere si konkreet, dat ass onst Liewen elo vun deenen dräi leschte Joer oder wéi gesot vun 2020 aus am Fong. Dat ass ons konkreet Realitéit an et ass schwéier. A wéi gesot, mir hale vläicht all bal op.

***Émile Schlesser:*** Bernard, wëlls du dorop reagéieren? Well s de sou giereg elo de Mikro gegraff hues.

***Bernard Michaux:*** Nee, ech ka reagéieren. Also ech mengen, et ass kee Politiker, kee Produzent, dee moies opsteet a seet, mir wëllen, datt d'Leit net kënne vun hirem Job liewen a mer ginn elo alleguerten d'Jobs an d'Ausland. Ech mengen, dat ass et net, an ech mengen, mer sinn ee Secteur a mer mussen alleguerten zesumme kucken, datt all Mënsch kann dervu liewen. Ech mengen, dat soll d'Zil vun eis alleguerte sinn. A wéi gesot, ech mengen, et ass keen hei am Raum, dee moies opsteet mat iergendenger anerer Iddi. Dofir geet et drëms, ze diskutéieren an ze kucken, wéi een dohinnerkënnt, also, dat kann ech nëmmen ënnerschreiwen.

***Pia Dumont:*** Ech wollt och nach eppes soen. Doduerch, mat deem Punktesystem, dee jo elo net méi do ass, wou awer am Ausland de Protektionismus nach oprechterhale gëtt, ass et fir ons och schwéier, ze kompenséieren, fir da méi international ze schaffen, well déi aner Länner do net matzéien, datt se soen: „A jo, mir däerfe jo och net protektionistesch sinn, also kënne mir och Lëtzebuerger huelen." Dat fonctionéiert net sou richteg an et ass och immens komplizéiert, well mer musse jo och onse Reseau hunn. A Reseautage ze maachen a verschiddene Länner gläichzäiteg, ass net einfach. An dann ass et eeben effektiv jo och nach esou, dass mer vun deem privilegéierte Milieu geschwat hunn. Déi Leit, déi net aus privilegéiertem Milieu kommen, wéi kënnen déi an esou engem Beruff evoluéieren? Dat ass mer och e Räätsel, do hat d'Eileen et ganz treffend gesot.

***Bernard Michaux:*** Dat Eenzegt, wat ech eventuell nach ka soen oder wat vläicht eng Erklärung bitt, ass, datt mer eebe méi majoritär Lëtzebuerger Projete maachen, wou méi Lëtzebuerger Realisateuren a Scenaristen drop schaffen, a well einfach déi international Koproduktioun gewësse Reegelen huet, datt ee verschidde Posten dann awer rëm muss an d'Ausland ginn, wou dat da vläicht domat zesummenhänkt, datt, wann een dann e Realisateur a Scenarist huet, een dann net kann de Monteur oder de Chef op hunn. Mee, wéi s de sees, dat ass den internationale Kader, wou een einfach muss kucken: Wéi kënnt ee rëm dohinner, fir datt all Mënsch ka schaffen?

***Anne Schroeder:*** Also, wou mer eis alleguer mussen, mengen ech, e bësse mat der Nues huelen, dat ass, wann et an deem Secteur manner gutt geet – an et geet zanter e puer Joer wierklech manner gutt, ech kann do nëmmen dat ënnersträichen, wat d'Pia seet –, da geet et och nëmmen, wa mer och ënnerteneen natierlech zesummeschaffen an och solidaresch sinn. Dat heescht, wa mer solidaresch sinn, déi Jonk an déi Al, datt ee sech och ukucke geet, wéi eng Kompetenzen hunn dann déi Jonk? Wéi eng Leit kommen dann aus deene verschiddene Schoulen? Wat kënnen déi Leit? Et ass net méi, wéi mer ugefaangen hunn. Dunn ass gesot ginn „All Fransous ass d'office besser wéi dat, wat mir maachen".

Dat ass gottseidank net méi esou, mee et gëtt awer ëfters nach gesot „Dee gëtt et guer net hei zu Lëtzebuerg, déi do Kompetenzen hu mer net, mir hu kee Studio" oder „Mir hu keen Techniker, deen dat do gutt genuch kann". An do mengen ech, datt deen een Aspekt deen ass, datt mer och e bësselche besser kommunizéieren ënnerteneen, well et sinn elo och keng Jonker, déi hei schwätzen, a vläicht kennt Der jo och déi Jonk net a vläicht kenne mer se alleguer net. Et muss méi nach och drëms goen, dass ee sech besser kenne léiert an dass een dann och seet: „Ok, ech ginn deenen och eng Chance. Ech soutenéiere ganz bewosst, wann ech elo meng Ekipp zesummesetzen, ënnerstëtzen ech einfach meng Leit, also déi Leit hei zu Lëtzebuerg, egal ob Jonker oder wéi een Alter." Dat huet mat Alter effektiv net ganz vill ze dinn, mee mir mussen och do un engem Strang zéien. An ech hunn déi Diskussioun ni verstanen, wa mer am LARS diskutéiert hunn – ech war do Membre fondateur, dofir weess ech dat –, wann da gesot gëtt „Dat kënne mer awer elo guer net soen, well dat héieren d'Produzenten net gär" oder wa bei der ALTA gesot ginn ass, „O nee, nee, nee, also wa mer dat do ..." Also mir hänke jo alleguerte vuneneen of. Also wa mer net éierlech matenee schwätzen a wa mer alles mat Geblimmelt maachen a soen, et wier alles super, da wäert et en effet bal 2030 sinn an da gëtt et net méi ganz vill. Mir mussen eis do effektiv och vläicht alleguerte bësse mat der eegener Nues huelen a bëssen a Fro stellen.

***Émile Schlesser:*** Elo hu mer natierlech vill iwwer Techniker geschwat, mee mir hunn och e Schauspiller hei, deen ech gär géing zu Wuert komme loossen. Luc, du méchs dat jo och schonn zanter enger Zäitchen. Wéi gesäit d'Realitéit aus, fir als Schauspiller zu Lëtzebuerg säi Liewen ze bestreiden? An ech denken do elo speziell an dengem Fall, du méchs jo och vill Theater. Ass dat eng Noutwennegkeet, fir souwuel Theater wéi och Film ze maachen, fir iwwerhaapt kënnen dovunner ze liewen, oder ass et e Luxus? Oder wënscht ee sech e Luxus erbäi, fir kënnen e Choix ze treffen an sech vläicht méi op eppes ze spezialiséieren? Wéi gesäit dat fir dech bis elo aus, also wéi war deng Erfarung?

***Luc Schiltz:*** Et ass eng duebel Noutwendegkeet. Éischtens einfach, fir ze maachen, well ech mengen, wann een dee Beruff mécht, da wëllt een dat jo och maachen. An dann natierlech ass et eng finanziell Noutwennegkeet. Ech komme vum Theater un sech, Kino ass dunn iergendwann derbäigerutscht an huet mëttlerweil vläicht Iwwerhand geholl, mee an eisem Beruff hu mer effektiv d'Méiglechkeet, e puer Standbeen ze hunn. Mer hunn nach d'Educatioun an de Conservatoiren oder an de Schoulen, Quartiersschoulen oder sou, wou ee ka Coursë ginn, wou een och kann dann nach Sue verdéngen. Dat heescht, mir si besser do opgestallt vläicht, fir datt mer net just op de Kino ugewise sinn. Et ginn och Leit, déi just Kino maachen, dat ass jo och wonnerbar, wann déi dat kënne sou maachen.

Du has kuerz vun de Barèmë geschwat. Ech fannen, dat ass eng Saach, déi onbedéngt muss kommen, an et ass jo och amgaangen, negociéiert ze ginn, an dat ass anscheinend op engem ganz gudde Wee an do hu mer och voll d'Vertrauen un all Mënsch, dass mer do op e gréngen Zweig kommen, well mir si jo effektiv, wéi s du sos ... Solidaritéit. Ech hunn eng Kéier zu Léck an enger donkeler Spelunk zu spéider Stonn e Saz héieren, dee mech nach ëmmer markéiert: „Theater a Kino, c'est un art solitaire qui se pratique en groupe.“ Dat heescht, mir sëtzen eeben doheem eleng a schreiwen, liesen a studéieren a whatever, a mir mussen et awer zesumme maachen. Mir kënne wéi gesot net een ouni deen aneren. An dann, op déi Saach, wou der gesot hutt, wéi hale mer d'Leit hei? Oder och, wat virdru geschwat ginn ass, vun enger Lëtzebuerger Identitéit, do ginn hei am Haus elo och duerch Actors a mat LARS an sou déi Workshops ugebueden, wat ech super fannen, well et wierklech e Besoin gëtt, fir datt d'Leit ënner sech schaffen, d'Realisateuren, déi d'Schauspiller net kennen oder just gesi wärend engem Tournage vum Filmfong, mat de Suen, mam Drock, mat allem, an dass et déi Plaze ginn, wou ee sech kann treffen an informell zesummeschaffen, ouni Drock fir Resultater, wou ee kann experimentéieren a bäiléieren. Natierlech ass maachen déi beschte Schoul, mengen ech.

An dann ass d'Fro vu Jonken. Ech mengen, all Mënsch, deen hei iergendwéi Schauspiller ass ... bon, fir Schauspiller ginn et natierlech och zwou Entréeën. Du hues déi, du gëss gecast, du gëss op der Strooss gecast oder du kanns als komplette Laien op eemol d'Haaptroll an engem Film hunn. Mee du kanns den traditionelle Wee goe vun enger Schoul, wou s de da forméiert gëss oder deforméiert, ech weess elo net ... Dat hänkt vun der Schoul of oder vu sech selwer, wat ee wëll. An ech si weeder fir deen een nach fir deen aneren. Ech hunn eng Schoul gemaach an ech hunn dat super fonnt, awer just dowéinst, dass ee wärend véier Joer oder déi Zäit, wou dat dauert, all Dag op der Bün steet respektiv domat konfrontéiert gëtt. Dat ass eng megawichteg Zäit. Ech soen elo net: „D'Studienzäit war déi beschten Zäit vu mengem Liewen.“ Ech haassen dee Saz, mee et ass einfach, dass ee véier Joer exklusiv sech kann domadder auserneesetzen, all Dag, all Dag, all Dag. An dat kann ee kengem ewechhuelen, déi Experienz.

Dofir ass dann och d'Fro, fir eng Lëtzebuerger Identitéit ze kréien. All Mënsch kënnt aus Däitschland, Frankräich, Belsch, England, Amerika, elo vun de Formatiounen, a wéi kënne mer dat zesummekréien? Wéi kënne mer dat an eng Lëtzebuerger Filmsprooch eventuell erabréngen? Ass do eng Léisung, fir eng Schoul hei ze maachen, wou een d'Leit mat Realisateuren an sou ausbilt? Do stellt sech natierlech d'Fro vun der Sprooch. An op der anerer Säit fannen ech et wichteg, dass een an d'Ausland geet, fir do och Kontakter ze maachen. Dat heescht et ass esou eng duebel Saach. Op

alle Fall fannen ech, fir nach eng Kéier op d'Barèmen zeréckzekommen, dass et do einfach e Minimum gëtt, wou ee weess: „Okay, ech hunn en Dréidag." Da weess een: „Okay, ech kréien dat." Da kann een domadder rechnen an dann och liewen. Vläicht.

***Anne Schroeder:*** Ech wollt do anhake mat deem, wat s de gesot hues, mat der Filmschoul. En effet hu mer deemools de BTS gegrënnt, bësse fir eng auslännesch Filmschoul hei ze verhënneren. Also do ware sou Gruppen, déi mer all kennen, déi wollten heihinnerkommen. Well och virdru vu KI geschwat ginn ass: Am BTS Cinéma hu mer eis och scho vill Gedanke gemaach.

Mir hunn dat och schonn am Studium dran, mee et ass fir all Mënsch kloer: E BTS, dat sinn zwee Joer. Et ass fir mech relativ kloer, dass, wann een do wëll eppes Seriöes maachen, da misst een op dräi Joer goen an dann och d'Acteuren, voilà, dee Volet mat abannen – an der Hoffnung, datt mer dat e bësse besser hikréie wéi fir de BTS Animatioun an de Bachelor, well dat ass elo net sou optimal gelaf. Awer dat ass eng politesch Decisioun. Ech denken effektiv, eng vun den einfach logesche Konsequenzen ass, datt een dat weiderdenkt an datt ee seet: Wat sinn déi Kompetenzen, déi mer brauchen? Wat sinn och déi Kompetenzen, wou mer eis treffen? Well wann ee vun enger Filmschoul schwätzt, mir alleguerten, also ... Bon, gottseidank fonctionéiert de BTS esou, datt déi sech och ënnerteneen nach duerno kennen an esou. Mee tatsächlech géif een deem méi Poids ginn, wann een do géif en drëtt Joer an och d'Schauspiller mat eranhuelen, mee dat hänkt net vu mir of, dat ass ganz kloer eng politesch Decisioun, mee wat awer eng reell Fro ass.

***Luc Schiltz:*** Ech wollt nach eppes soen. Dofir fannen ech et eeben och fir d'Lëtzebuerger Schauspiller an d'Lëtzebuerger Produktiounen immens wichteg, eventuell op Lëtzebuergesch, mee op all de Sproochen, well dat eeben eng Plaz ass, wou d'Leit vum Terrain gebraucht ginn, a mir si mëttlerweil awer zu enger jett. An ech muss soen, a mengem Alter ass ee Grappvoll vu Leit, déi Lëtzebuergesch schwätzen an déi kënnen e Lëtzebuerger Film dréien.

Dat heescht, iergendwann wäerten d'Leit es och do genuch hunn, ëmmer déi selwecht Gesiichter ze gesinn. Mee dofir fannen ech wierklech a wëll ech och dorobber pochen, dass d'Lëtzebuerger Produktiounen och fir d'Schauspiller immens, immens, immens wichteg ass an dass een do wéi gesot seng Fluchstonne ka maachen, well virun der Kamera stoen um Dréi ass eeben eppes anescht wéi op engem Workshop, obwuel déi och wichteg sinn. Mee op där anerer Hand sinn d'Koproduktiounen natierlech mega interessant, well een da mat Leit schafft, déi een net onbedéngt kennt, wou een dann op nei Ekippe fält an nei Leit kenne léiert a sou sech och Kontakter mécht. Dat ass natierlech och eng zweespuereg Saach an deem Sënn.

***Fabien Colas:*** Ech hunn och d'Gefill, dass bei de Schauspiller vläicht méi d'Schauspiller nach och an Däitschland oder an der Belsch oder a Frankräich heiansdo u Projete schaffen, ob dat elo duerch Lëtzebuerg geschitt oder duerch aner Kontakter, mee bei den Techniker, fir do nach eng Kéier drop zeréckzekommen: Wa sou vill manner Aarbecht do ass déi lescht Joren, de Bernard huet e Punkt gemaach, dee kéint e Grond sinn dofir: Wat menge mer, wat soss nach d'Grënn sinn? Well mir kënnen einfach soen, d'Leit schaffen net genuch, domat ass elo net wierklech engem gehollef. Ech soen net, dass mer haut d'Solutioun fannen, mee u wat menge mer, dass dat läit fir d'Leit, déi selwer an där Situatioun méi sinn?

***Pia Dumont:*** Also ech mengen, mir hate jo Joren, wou et éischter gutt gaangen ass, an dat waren déi Joren, wou de Punktesystem war, an dat war jo net legal, dofir huet dat jo missen ewechgeholl ginn, wann ech dat elo richteg verstan hunn. A wa mer net een anere System kréien, deen awer iergendeng Protektioun mat abréngt, da weess ech net, mee et muss ee kreativ sinn, well et muss jo nach ëmmer europäesch legal sinn. Mee wat effektiv awer schwéier bei der Saach ass, dat ass, datt, wann déi aner Länner dat net maache wéi d'Lëtzebuerger, datt si hir protektionistesch Mesuren ofschafen, dann hu mir eng Konkurrenz, wou et net geet. Also dat ass eng vun den Analysen, déi mir an der ALTA gemaach hunn. Well et goung eng Zäitche gutt, në?

***Émile Schlesser:*** Ech mengen, datt een do nëmme kann derzou soen: De Punktesystem gëtt et hautdesdaags nach an de Monteur ass nach ëmmer dran. Dat heescht, dat ass elo zum Beispill kee Grond, de Punktesystem, datt deen ofgeschaaft gouf, datt et dem Monteur hautdesdaags manner gutt geet. Do musse mer schonn iergendwou aner Grënn siche goen. Dofir musse mer, mengen ech, eng méi déif Analys maachen, fir ze kucken, wat ass et? Well de Punktesystem kann et net sinn, well dee gëtt et fir verschidde Posten, déi sinn aus dem Punktesystem erausgefall. Datt et deenen haut vläicht manner gutt geet, doriwwer kann een eventuell schwätzen, et misst een analyséieren, mee de Monteur an de Chef op kënnen et a priori net sinn, well déi och allen zwee haut nach am Punktesystem dra sinn.

***Anne Schroeder:*** Et ass tatsächlech schwiereg. Ech wollt och op eppes aneschters par rapport zu de Barèmen agoen, wat virdrun d'Eileen gesot huet. Ech hu ganz perséinlech eng aner Meenung wéi d'Kolleege beim LARS, wat déi Carte blanche fir Long-métragë betrëfft. Dat si Saachen, déi sinn effektiv an der Belsch, an Dänemark, souwäit ech weess, gemaach ginn, also do ginn et jo och dann Erfarungswäerter. Dat war awer dann e bësse wéi bei der Carte blanche, déi kleng vum Kuerzfilm, déi mer duerchaus do bëssen als Beispill kënnen huelen.

Ech hunn dräi Carte-blanchë produzéiert. Wann een alles korrekt mécht, also wann een d'Leit um Minimum bezuelt a wann een TVA bezilt a wann een alles zu Lëtzebuerg mécht, also sou, wéi et geduecht war, da geet et mat deenen 32 000 oder wéi vill et der dann aktuell sinn, net duer. An déi Montanten, déi momentan zirkuléieren ... Also just fir ze soen, do muss een awer reell oppassen, net datt mer eis an den eegene Fouss schéissen ... Et kritt een eebe kee Court métrage, kee Long métrage fir ënner engem bestëmmte Montant. Also et muss een do einfach oppassen. Ech verstinn, wat d'Iddi derhannert ass, mee et muss ee reell oppassen, net datt et erëm esou gëtt, elo maache mer och nach e Long métrage, an deem mer net vill bezuelt ginn a fir näischt schaffen. Also just fir opzepassen, och wat deelweis am Ausland do awer probéiert ginn ass a wat net reell gutt fonctionéiert huet, also et muss ee vläicht bëssen eppes derzwësche fannen. Well et ass kengem gehollef, wa mer Filmer zwar zu Lëtzebuerg maachen a rëm ënner de Barèmë sinn, vun deenen ee liewe kann. Et ass komplex, mee et muss een e bëssen oppassen op all déi Saachen.

***Émile Schlesser:*** A puncto Barème géif ech nach eng Kéier gär drop zeréckkommen. Elo hunn sech der dräi vu véier dozou geäussert. Ech géif nach gäre vum Bernard wëssen, wéi s du déi Saach gesäis. Gesäis de do eng Noutwendegkeet oder bass de vläicht souguer anerer Meenung?

***Bernard Michaux:*** Also ech sëtzen net hei, vertriede keen ... A mengem perséinlechen Numm hunn ech kee Problem mat Barèmen. Et bréngt, mengen ech, vill Avantagen. Et bréngt eventuell och Desavantagen. Ech gesinn e System, wéi en a Frankräich ass, wou et verschidden Niveaue ginn, wou ee muss kucken, wat ass d'Gréisst vum Film, an dorops ännert de Barème dann. Et sinn am Fong keng Barèmen, mee et sinn am Fong Minimaen, déi grad verhandelt ginn. Dat heescht, bei engem Film vun zéng Millioune sinn d'Minimae vläicht anerer wéi bei engem Film vun zwou Milliounen. Minimaen och bei Acteure fannen ech och a priori keng schlecht Iddi, mee ech fannen trotzdeem, datt, loosse mer soen, e jonken Acteur, deen ufänkt, wäert mat deem Minima net ganz vill kënnen ufänken. Dat wäert awer vläicht och däi Minima sinn, mee dee wäert dir net hëllefe bei denge Verhandlungen. Dat heescht, mer musse kucken: Wiem bréngt et eppes a wéi kréie mer de System sou hin, datt um Enn vum Dag all Mënsch kann dovu liewen? Well ech mengen, dat ass d'Zil vun eis alleguerten, a wa mer do e System hikréien, deen dat schafft, da sinn ech dee Leschten, deen do eppes dergéint huet.

***Luc Schiltz:*** Säitdeem ech e Fouss an de Kino gesat hunn, gëtt vun deenen 1 000 Euro geschwat, an dat si lo ...

***Émile Schlesser:*** Gutt Beispill hei fir jiddereen am Sall.

***Luc Schiltz:*** Du kriss kee Barème, hë? Dat sinn awer elo bal 18 Joer a mëttlerweil si jo e puer Indexisatioune komm an alles, an d'Liewen ass méi deier ginn. Dat heescht, wann een do einfach usetzt, wéi s du sees, mat Kategorien eventuell ... Wat net heescht, dass et no uewen op ass, an d'Leit hu jo och Agenten eventuell ... mee dass et einfach dee Minimum, dass dat einfach kloer ass, well dat ginn ëmmer Malentenduen an dat ass ëmmer penibel einfach. Iwwer Sue schwätzen ass souwisou ëmmer penibel, mee dass een sech déi Difficultéit och einfach ewechhëlt an dass ee kann eventuell dann och vläicht d'Leit iwwerzeegen, an de Milieu ze kommen, well se wëssen, do ass e Minimum, do kann ee vläicht dermat liewen.

Et ass elo net direkt domadder verbonnen, mee dat huet awer eppes mam Metier vum Schauspiller ze dinn, an zwar, dass Realisateuren, Schreiwer, Scenaristen a sou herno och Droit-d'auteure kréien. An e Schauspiller gëtt all seng Rechter of fir de Moment nach. Actors ass och dodrun, do sinn och Verhandlungen um Lafen. An et ass einfach just, fir ze verstoen, dass mir eeben d'lescht Rad um Won sinn, a mir kommen ëmmer réischt spéit an den Zyklus eran, um Dréi selwer. An et ass einfach ze verstoen, dass eis Aarbecht dann awer och am Moment ass, eppes ze schreiwen, wat opgeholl gëtt a wat fir d'Éiwegkeet bleift – eng Saach, déi och eis Handschrëft huet. An do muss een herno kucken, a wéi enge Konditiounen dat geschitt oder wéi dat méiglech ass. Dat läit mer awer um Häerz.

***Émile Schlesser:*** Loosse mer d'Pia awer nach eng Kéier séier...

***Pia Dumont:*** Elo hunn ech mäi Fuedem scho bal verluer. Also, ons geet et jo drëms, dass Minimae kéinte gemaach ginn. Zum Beispill bei Carte-blanchen, déi mer jo awer och nach all maachen, do si mer souwisou ënnert de Minimaen. An ech brauch guer net ze schwätze vu Quickien oder sou Saachen. A wa mer d'Minimaen dann hunn, zum Beispill op engem Court métrage, sinn se dann och berechent op déi Aarbechtsdeeg, déi mir prestéieren, zum Beispill als Monteur oder als Techniker. Mee mir hunn awer nach ganz vill aner Aarbecht ze maachen, dat ass ons eegen Administratioun, dat ass déi ganz Virbereedungsaarbecht, dat ass déi ganz Kommunikatiounsaarbecht. Dat ass ëmmer zimmlech onreegelméisseg verdeelt, mee et kann een awer warscheinlech dovunner ausgoen, datt mer e sechsten Dag reegelméisseg hu mat deenen onbezuelte Saachen. Dat heescht, dat geet vun onser Liewenszäit jo of an da musse mer nach onse Stot maachen an dann hu mer keng Zäit méi, fir ons ze regeneréieren. Dofir kann ee vläicht och soen, et muss ee fir de Metier gemaach sinn. Ech menge schonn, dass vill Leit d'Gefill hunn, et ass e Metier, wou ee muss privilegéiert sinn, jonk an ouni Famill, da kann et opgoen. Fir Fraen ass et dann nach eng Kéier och oft eng Grëtz nach méi schwéier, a jo, ech wollt nach e puer Saache soen, mee ech mengen, dat kënne mer och herno ënnert ons vläicht méi schwätzen. Mee d'Bady (Minck, ndlr.) wollt jo och nach Saache soen.

***Bady Minck:*** Ech hunn awer kee Mikro...

***Émile Schlesser*:** Dee kriss de geschwënn. Sou, da géife mer lo och offiziell dann d'Ronn opmaache fir Froen aus dem Publikum. Déi Madamm mat der rouder Baskemutz do vir ...

***Bady Minck*:** Dat heescht „Beret" op Lëtzebuergesch iwweregens. Also ech wollt och e Plädoyer fir eis genial Acteuren an Actricë briechen, déi mer hei zu Lëtzebuerg hunn, déi a stante pede a véier Sprooche wiessele kënnen, souguer matzen am Saz. Ech si Realisatrice a Productrice hei zu Lëtzebuerg. Do hu mir och ganz vill Succès mat de Lëtzebuerger Actricen an Acteuren, well si ginn elo schonn aus dem Ausland gefrot. „Mir maachen dee Film mat Iech, wa mer déi an déi Actrice och kënnen hunn." Dat ass net nëmmen d'Vicky, wat se froen, mee och anerer, ech wëll lo keng Nimm nennen. Ech kéint der eng gutt Partie nennen. Dat heescht, eis Actricen an Acteure sinn elo schonn international bekannt, soudatt mir scho gefrot gi fir Koproduktiounen, wann ech déi Actrice oder deen Acteur versprieche kann. Do si mer wierklech verwinnt, muss ech soen.

A wat d'Crew ugeet, fir op d'Pia ze replizéieren, et kann net um Punktesystem leien. Et heescht zwar net méi Punktesystem, et ass elo mat Posten. Postesystem kéint een et nennen. Mir hunn elo ee

Long métrage am Februar a Griichenland mat engem lëtzebuergesche Chef op. Mir hunn néng nächst Filmer mat enger Lëtzebuerger Monteuse, déi Pia Dumont heescht, an hatt huet schonn zougesot. Dovu sinn zwee Court-métragen a siwe Long-métragen. Vun de siwe Long-métragë si véier Fiktiounen an dräi Documentairen. Ech weess, dass du net dech gemengt hues. Nëmme fir ze soen, datt de Punktesystem nach en vigueur ass, dat wollt ech just soen. Et kann also net dodru leien, mee du hues natierlech Recht, mir mussen driwwer schwätzen an iwwerleeën, wéi mer et vläicht kéinten anescht segmentéieren an opdeelen. Do ass sécher iergendee Punkt oder vill Punkten, déi ee ka verbesseren, awer de Punktesystem ass nach do, just datt e ganz anescht heescht. An et bréngt eis och ganz vill, eeben och bei den Actricen an Acteuren.

Sou hu mir och méi Muskelen, fir am Ausland mat eise Koproduzentinnen ëmmer ze soen: „Nee, mir hätten nach gär e puer Lëtzebuerger, soss kritt Der d'Suen net." Dat heescht, mir Lëtzebuerger Produzent/innen, mir brauchen och deen, egal wéi en heescht, dee protektionistesche System, well do gëtt et och Koproduzente mat super Projeten, déi soen: „No way, mir wëllen elo keng Lëtzebuerger hei, mir hu schonn eis Ekipp, fäerdeg." A mat eisem System kënne mir da soen: „Ok, äddi dann, da gitt an en anert Land." Dat heescht, de System ass nach do. Warscheinlech muss een do bëssen iergendwou Eenzelheete verstellen, kloer.

***Pia Dumont:*** Jo, ech schwätze jo net nëmmen a mengem Numm.

***Bady Minck:*** Ech weess, jo. Dat weess ech.

***Pia Dumont:*** An ech schwätzen och vun deene Joren, déi elo vergaange sinn. Mir hoffen natierlech, dass déi Joren, déi kommen, dass do eppes sech effektiv ännert. Well déi Joren, déi vergaange sinn, dat sinn einfach Chifferen, déi sinn einfach esou, och wann déi Analys mam Punktesystem falsch ass, respektiv ass se vläicht falsch fir de Montage oder soss nach fir puer Chef-de-posten. Se ass awer vläicht net ganz falsch fir gewëssen aner Posten, well ech hu wierklech vun der ALTA gesot kritt, dass ganz vill Leit ophalen oder opgehalen hunn oder drun denken opzehalen. An ech schwätzen natierlech am Numm vum ganze Secteur. An ech soen natierlech och jidderengem Merci am Numm vum ganze Secteur, deen ons Aarbecht gëtt, dat ass jo och ganz kloer.

***Laurent Witz:*** J'aimerais intervenir sur la partie animation, le cinéma d'animation, qui est un peu particulier justement dans la manière de fonctionner, c'est-à-dire que je vois bien qu'une partie de la précarité des métiers, c'est notamment d'être freelance. C'est-à-dire qu'il y a une sorte de pression des personnes qui sont freelance de trouver leur propre travail au quotidien. Dans le cinéma d'animation, on fonctionne par des studios d'animation et donc on a, entre les sociétés de production et les personnes qui travaillent, des studios qui vont travailler avec des personnes, soit en CDI, une bonne partie de nos équipes sont en CDI, une autre partie des équipes sont en CDD, et finalement la pression qu'il peut y avoir sur le travail, sur les freelance de votre côté, elle va se mettre sur les studios.

C'est-à-dire que c'est les studios qui en vont être sous pression pour faire en sorte d'alimenter les travailleurs au quotidien, et c'est un travail de tous les jours de faire en sorte d'alimenter les studios d'animation de travail. Et on sait en plus dans les productions cinématographiques que, entre ce que l'on imagine d'un projet, entre la manière dont on va le financer, la manière dont on va le démarrer, entre la théorie et la pratique, il peut y avoir un monde. On imagine que le projet va démarrer dans un an, on construit la stratégie du studio en se disant que le projet va démarrer dans un an, mais finalement il démarre dans un an et demi. Ces six mois peuvent mettre sous pression les studios, ça met sous pression les responsables des studios. Nous, on protège beaucoup finalement nos employés à travers le type d'emplois qu'on peut leur fournir.

Donc il se rendent pas forcément compte de ces problématiques-là. Ils sentent qu'il y a des besoins d'alimenter les studios, mais en même temps, on prend la pression de ce travail qu'on doit alimenter à la fois en quantité, mais en qualité, parce qu'il s'agit pas non plus de faire n'importe quel projet.

Une des solutions que l'on a eues au niveau des studios, c'est que notre personnel est polyvalent, c'est-à-dire qu'il y a beaucoup de métiers dans le cinéma d'animation, il y a peut-être 30, 40 métiers différents qui vont de la personne qui dessine à la personne qui modélise les personnages, qui modélise le décor, qui met les textures, etc.

Et c'est des métiers très différents... qui fait le compositing, qui font les éclairages... c'est des métiers très différents. Et on fait en sorte de mettre un effort au niveau des studios pour que notre personnel soit polyvalent. Et en plus de ça, comme on vise de la qualité, il ne s'agit pas non plus de faire n'importe quoi, et bien, on a ce besoin d'exigence d'être pas seulement des personnes polyvalentes qui font un peu tout n'importe comment, mais des personnes qui sont polyvalentes, mais en plus de ça, qui ont un bon niveau de savoir-faire dans les différents départements sur lesquels il peuvent travailler. Donc, finalement, la manière de créer cette passerelle entre le studio, la stratégie du studio, de fabriquer de nouveaux projets et d'alimenter et de pouvoir fonctionner normalement et les employés, c'est finalement d'être polyvalent et en même temps d'avoir un niveau de qualité suffisant pour être sur la compétition internationale.

Et donc c'est un enjeu important, mais une partie justement de cette pression est vraiment absorbée par les studios, et l'autre chose, évidemment, c'est le côté de la formation. On est obligé de faire la formation continue parce que les métiers d'animation, ils ont tellement évolué sur les 20 dernières années : les logiciels, les procédés, l'innovation à l'intérieur, enfin, c'est en perpétuelle évolution. Nos employés naturellement évoluent avec le marché, les manières de travailler, et donc, le pact finalement tacite entre un studio et les employés, c'est d'avoir une même stratégie d'évolution à l'intérieur des métiers et d'être le plus polyvalent possible. On est studio, mais en même temps on est producteur, donc on se met nous-même notre pression. En tant que producteur, je me mets la pression de devoir alimenter mon studio finalement.

Et parce que ce ne sont pas des aides automatiques, c'est conditionné au fait... et en plus on fait beaucoup de productions originales au niveau de Zeilt Productions. La plupart de nos projets sont des projets originaux avec des réalisateurs luxembourgeois et qui voyagent à l'internationale. Donc en même temps, on a une compétition à l'internationale. Et donc, en tant que producteur, on doit aussi faire en sorte d'avoir le maximum de chance d'être accepté, parce que c'est un comité de lecture qui doit accepter les projets et non pas une aide automatique. Donc là aussi, il y a des facteurs de risque qu'on maîtrise pas et qui vont dépendre des résultats des comités. Mais évidemment, on fait nos meilleurs efforts à travers la production, à travers le studio et à travers nos employés pour être les meilleurs possibles et nous donner un maximum de chance. L'autre que je vois quand même, et je voulais just finir là-dessus peut-être, c'est que ...

***Émile Schlesser:*** Jo, well mir hunn nach e puer aner Froen am Sall.

***Laurent Witz:*** Pardon.

***Émile Schlesser:*** Non, non, vas-y.

***Laurent Witz:*** L'autre élément que je vois, c'est le fait que justement un certain nombre de nos employés pense à devenir des freelance. Et ce que je vois par rapport à ça, c'est que c'est en train de fractionner ce qui est protégé finalement, ça fractionne, et ils peuvent se mettre dans une situation de précarité parce que, tout d'un coup, au lieu que ce soit les studios qui doivent alimenter leur travail en tant qu'employés, c'est eux-mêmes qui doivent commencer à alimenter leur propre travail. Et donc certains peuvent se mettre dans des situations un peu plus précaires que lorsqu'ils étaient employés. Donc voilà, ça, c'est la mécanique d'un studio d'animation, c'est comme ça qu'on évalue, et on arrive en tout cas à faire de beaux projets, mais il y a toujours cette pression, cette épée de Damoclès, qui est à la fois au niveau des productions, des producteurs et des studios, pour finalement faire en sorte que les employeurs soient les plus protégés que possible. Voilà. Merci.

***Émile Schlesser:*** Sou, mir hunn nach véier Froen am Sall. Dohannen, hei, hei an hei. Jo.

***Jacopo Armani*:** Je voulais rebondir sur l'intervention de Laurent Witz. Je suis Jacopo Armani, le directeur d'études du bachelor en dessin d'animation, et, effectivement, la situation de l'animation est légèrement différente par rapport au live. Nous, en tant que bachelor, nous avons la responsabilité primaire de développer des nouveaux talents et effectivement développer des talents qui sont à la fois spécialisés, mais assez généralistes pour pouvoir être compétitifs dans l'industrie luxembourgeoise. C'est un défi qui dépasse effectivement les capacités que nous avons en ce moment. Comme Anne Schroeder le disait pour le BTS d'animation, pour le BTS du cinéma, notre bachelor est aussi sur deux années et effectivement, là, un parcours que je peux anticiper, qui serait utile de mettre en place, ce serait effectivement d'ouvrir vers des masters. Ça donne plus de possibilités de professionnaliser les futures générations avant qu'ils rentrent dans l'industrie. Le deuxième point que je voulais soulever, c'est au niveau de ce qu'on peut déjà maintenant, parce que la première demande, c'est plutôt une question politique effectivement, une demande de ressources qui vont au-delà de mon cahier de charges.

Mais effectivement, c'est la deuxième démarche, c'est de nous aider à découvrir des talents, qui nous sommes en train de former. C'est une démarche qui effectivement peut bien fonctionner et elle est déjà mise en route, mais je pense qu'il faut continuer à l'accompagner à travers des synergies entre tout le secteur. Nous sommes très bien accompagnés par le Film Fund Luxembourg qui participe à tous nos évènements et nous accompagne là-dessus, nous sommes accompagnés par le City Film Festival, qui aide nos alumnis à trouver leur deuxième, troisième volet de travail. Nous avons besoin d'aide pour accompagner les freelance, les étudiants qui effectivement veulent se lancer dans une carrière qui est effectivement très risquée, mais aussi qui peut mettre en valeur leurs compétences dans une manière différente.

Et je pense qu'aussi parmi les studios il y a peut-être la possibilité de développer plus de synergies avec des échanges entres studios d'artistes et des talents pour assurer que tout le monde soit toujours employé. Par rapport à ça, je remarque une absence importante dans ces débats. Effectivement, il n'y a pas au Luxembourg une association des techniciens de l'animation. Nous avons l'ALTA qui représente les techniciens du live, mais l'animation n'a pas cette association. On a l'ALPA/XR, qui représente les producteurs. Du coup, je pense que tout le monde qui travaille dans des métiers pourrait sensibiliser nos artistes avec nos étudiants. À voir s'ils ont la capacité, l'intérêt et l'envie de se lancer dans une fondation ou une association pour justement pouvoir collaborer avec tout le monde et être représenté.

***Émile Schlesser:*** Ok. Très bien. Merci beaucoup. Mir hunn nach eng Fro hei vir an der Mëtt.

***Séverine Zimmer:*** Bonjour, Séverine Zimmer pour représenter Actors. J'avais une question, ça pourrait être à Pia – enfin, une question ou un pavé dans la marche, je ne sais pas encore – concernant vos carences quand vous ne travaillez pas. Est-ce qu'il y a, comme en France notamment, ce système d'intermittence et, s'il est en place, dans quelle mesure il ne suffirait pas pour vous assurer une certaine prévisibilité, bon, ce ne sont pas le bon mot, mais un certain nombre de travaux sur l'année, une sécurité en tout cas.

***Pia Dumont:*** Oui, le système existe. En fait, on doit prester autant de jours par an pour avoir accès au système, mais on doit donc refaire notre demande pour exister dans le système chaque année. Et donc, il nous est arrivé, je pense à beaucoup, de plus être dans le système et donc de ne plus avoir accès parce qu'on n'avait pas assez de jours. Donc on a perdu le statut, tout simplement, ça m'est arrivé et j'en connais d'autres qui sont dans le même cas.

***Oscar Martin:*** Bonjour, Oscar Martin, aussi de Actors. On profite du micro. On a parlé de la formation, je pense que c'est un volet essentiel. Déjà ici, même au CNA, on organise régulièrement des workshops, chapeau pour le CNA, pour se connaître entre réalisateurs et acteurs, c'est déjà quelque chose. Comme disait Luc, c'est un métier solitaire qui se fait en groupe. On pourrait ajouter, c'est une idée des membres du BTS et aussi des techniciens qui veulent continuer à travailler et à se

faire connaître et aussi ajouter la présence des producteurs. Parce que des fois on dit on connaît, mais on découvre des réalisateurs qui découvrent des acteurs, des acteurs qui découvrent des réalisateurs, des producteurs. C'est une grande opportunité aussi de se connaître, de faire des rencontres sans pression de casting, sans pression de quoi que ce soit, juste la rencontre humaine, qui est très importante.

Et également par rapport à la formation, évidemment l'idée d'un BTS aussi pour les acteurs, c'est une idée excellente. En attendant, une autre façon de se former pourrait être – c'est une idée que je propose dans les cours de dramatique dans les différents conservatoires –, on pourrait aussi proposer des cours de caméra, jeu caméra, ce qui n'est pas encore fait actuellement. Les conservatoires, comme tu dis, sont centrés sur la dramatique théâtrale, mais je pense que c'est important aussi de le faire découvrir aux jeunes, car les jeunes aussi rêvent de savoir comment jouer devant les caméras. Voilà, qu'est-ce que vous pensez ? Je rends le micro.

***Fabien Colas:*** Ech mengen, mir musse leider hei ophalen. Bon, eng lescht Fro … Monsieur? Pardon, Eileen, mir hu scho vill vun dir héieren, elo dat, wat de Monsieur eis wëll froen.

***Persoun aus dem Publikum:*** Merci, merci beaucoup. Je suis un nouveau venu au Luxembourg et je viens juste d'arriver. Je suis acteur de théâtre et acteur de cinéma aussi, et j'ai eu une formation en audiovisuel aux États-Unis, dans une université du Texas. J'ai entendu qu'il y avait une rencontre culturelle ici, donc je me suis précipité ici parce que je veux toujours apprendre, je veux toujours savoir ce qui se passe, et en tant que nouveau arrivé au Luxembourg, j'ai entendu beaucoup de choses au début que je n'ai pas encore compris, car je ne parle pas encore le luxembourgeois, mais je vais m'y mettre, je vais l'apprendre, mais globalement j'ai compris que le métier du cinéma est un facteur important pour le développement du pays. En ce qui concerne surtout la culture. Maintenant, ce que je voudrais mettre en exergue ici, c'est que tout ce qu'on fait ici, tout ce que les gens disent, en ce qui concerne les facteurs techniques du métier du cinéma, ça ne peut pas avoir lieu s'il n'y a pas d'idées, s'il n'y a pas l'esprit, s'il n'y a pas des gens à la base qui réfléchissent, grâce aux brassage culturel, grâce au savoir, aux recherches, grâce à l'inventivité même. S'il n'y a pas tout ça, il n'y a pas tout ce qui vient après.

Donc, je voudrais savoir si les incubateurs d'idées, les gens qui réfléchissent, qui sont inconnus, qui sont dans des coins partout, on ne sait pas, on les connaît pas, qui ont des idées, qui veulent mettre en valeur ou bien qui veulent proposer à tout le système, afin qu'il puisse y avoir une chaîne qui va produire quelque chose à la fin, qui va apporter un engouement mondial au niveau d'un film ou d'une pièce de théâtre, de quelque chose comme ça. Où il faut aller, à qui il faut parler ? Que faut-il faire ? Voilà ma question en fait. Je vous remercie.

***Émile Schlesser:*** Mir mussen eis leider kuerzfaassen, dofir proposéiere mer Iech, datt mer vläicht herno beim Patt dat diskutéieren, at length.

***Eileen Byrne:*** Däerf ech just ee Saz soen?

***Émile Schlesser:*** Majo, Eileen, da maach nach ee ganz kuerzen.

***Eileen Byrne:*** Et ass mega léif. Merci. Et läit mer wierklech um Häerzen, well ech mengen, du has kuerz iwwer d'Theema Famill geschwat. Ech wollt just soen, d'Geneviève Mersch an ech, mir si grad am LARS derbäi, eis wierklech fir d'Paritéit anzesetzen. Mir maache grad eng Analys dovunner, wéi et am Secteur bei eis ausgesäit, natierlech aus eiser Perspektiv. Et si ganz wéineg Fraen, dat ass weltwäit esou, mee et ass bei eis leider och esou. Ech wëll do perséinlech kengem d'Schold ginn. Ech mengen net, datt iergendee Schold ass, ech mengen net, datt mir diskriminéiert ginn hei, mee et gëtt e Problem hei.

Mir hunn, mengen ech, bal fifty percent Fraen am LARS, mee et ass just e Véierels dervun, déi Filmer maachen. Wouru läit dat? Et si bestëmmt ganz vill Facteuren, mee ech géif dat gär kuerz soen: Et ass

fir eis onméiglech, an eisem Beruff eng Famill ze hunn. An ech sinn, mengen ech, net dat Eenzegt, wat grad eng Entscheedung treffe muss. Schaffen ech an deem Secteur oder wëll ech eng Famill? An dat läit mir ganz um Häerzen, einfach ze soen, datt dat eppes ass, wat mir musse probéieren, méiglech ze maachen, well mir hu schéi Geschichten ze erzielen – an ech schwätzen elo net vu mir, mee mir Fraen – an do muss einfach eppes gemaach ginn, wou mir e bëssen ënnerstëtzt ginn, och wa mir kee räiche Mann hunn, deen eis finanzéiert, dass mir trotzdeem kënne Geschichten erzielen, dass mer do bëssen Hëllef kréien. Voilà, dat wollt ech just nach soen. Merci.

***Émile Schlesser:*** Villmools Merci dofir, Eileen. Ech mengen, dat ass een Theema, do kéint een nach eng Kéier wierklech stonnelaang driwwer diskutéieren.

***Luc Schiltz:*** An och Merci un déi räich Fraen, déi d'Männer ënnerstëtzen, fir dee Beruff hei ze maachen.

***Émile Schlesser:*** Dat soll et anscheinend jo och ginn. Leider leeft eis d'Zäit aus. Ech wëll iech véier villmools Merci soen, dass der är Meenung mat eis konnt deelen, an ech géif da gären dat allerlescht Wuert un den Här Minister ginn, Monsieur Eric Thill, fir déi Saach hei ze concluéieren. Dir kënnt Iech Plaz huelen.

**Conclusions par Eric Thill, ministre de la Culture**

***Eric Thill:*** Gutt. Merci Iech alleguerte fir dës ganz interessant, konstruktiv Gespréicher. Mir fält op, an dat appreciéieren ech an dat fannen ech super, dass mer vläicht net ëmmer eng Meenung hunn, mee dass et jidderengem heibannen ëm eng Saach geet, an dat ass, den audiovisuelle Secteur iwwer déi nächst Joren ze stäerken, dass mer zesumme weiderkommen, dass net ee géint deen aneren ausgespillt gëtt, mee dass et ëm eng Saach geet, a wou mer zesumme mussen – dat ass Politik, jo, dat sinn déi verschidden Associatiounen, awer och, dir, d'Acteuren, d'Leit um Terrain – permanent mussen zesummeschaffen.

Ech wéilt, bevir ech eng Kéier op verschidde Saachen aginn, déi elo de Moien hei gesot gi sinn, fir d'éischt ufänke mat de Mercien, soss hunn ech déi vergiess. Ech kucken direkt no lénks: Merci un dech, den Émile, an och un de Fabien, deen op där anerer Säit steet. Iech zwee ee ganz grousse Merci fir déi Moderatioun, wat der ganz flott, modern, onkompliméiert gemeet hutt, wat dat Ganzt hei, fannen ech och, lieweg gemaach huet. Dowéinst iech zwee e grousse Merci an e grousse Bravo. Merci awer och natierlech deene Leit, déi hei Ried an Äntwert stoungen, déi hir Iddie mat op de Wee ginn hunn, wou ech wéi gesot och vill Saachen nach eng Kéier héieren hunn, vill nei Saachen héieren hunn, wat och fir mech, als Minister – och wann et elo schonn néng Méint sinn – awer ganz interessant, ganz flott ass.

Ech si glécklech, och ganz am Detail op verschidde Saache kënnen anzegoen, an dofir och deene verschiddene Participanten, déi hei vir souzen, e ganz, ganz grousse Merci. Et läit mer och um Häerzen, natierlech dem Filmfong, dem Guy Daleiden als Direkter an der ganzer Ekipp, e grousse Merci ze soen, fir – an d'Zesummenaarbecht natierlech mam Josée, mat eiser ganzer Ekipp aus dem Kulturministère – dat heiten organiséiert ze hunn. Et war elo puer Joer hier, wou keng Assisë vum audiovisuelle Secteur waren. Et war mir ganz wichteg, fir dëse Point ze maachen, dat schnellstméiglech am éischte Joer, fir eeben och Iech all hei zesummenzebréngen an iwwer de Film an iwwer d'Erausfuerderungen zesummen ze schwätzen.

Merci awer och dem Här Robin fir déi verschidde Statistiken, wat ech ganz, ganz wichteg fannen, wou ee Fakten, Donnéeën huet, fir dann och eng Politik kënnen ze argumentéieren, wou mer an der Kultur och elo en Observatoire de la culture schafen, fir genau mat sou Chiffere kënnen ze argumentéieren a fir d'Wichtegkeet vun engem Filmsecteur, vum audiovisuelle Secteur kënnen deene Leit vläicht mat op de Wee ze ginn, déi net esou am Detail dra sinn an sech och vläicht och net esou domat auskennen. Dofir Iech e ganz, ganz grousse Merci.

Ech sinn och ganz frou – an da kommen ech op dee méi konkreete Punkt, fir op Är Froen ze äntwerten, an dat läit mer besonnesch um Häerz –, dass direkt am Ufank gesot ginn ass, dass den audiovisuelle Secteur net nëmmen Ekonomie ass, et ass net nëmmen Tourismus, mee virun allem ass et Kultur. An dat bekräftegt mech awer ganz, ganz kloer och an deem, firwat ech am November d'lescht Joer déi Decisioun geholl hunn, fir de Filmfong, den audiovisuelle Secteur erëm an d'Kultur ze huelen, dat als Haapttutelle, well jo, alles, iwwer wat mir de Moie geschwat hunn, ass op alleréischter Linn Kreativitéit, et ass Kultur, et ass Konscht, wou Dir alleguerten eng wonnerbar Aarbecht maacht.

Et freet mech, ze héieren, dass mir do alleguerten op enger Linn sinn. Ech wéilt op dëser Plaz konkreet op verschidde Saachen agoen. Ech hale mech kuerz, ech wëll net, dass mer allze spéit op de Patt kommen, well mir hu schonn e bësse Retard. Ee Punkt, mat deem ech wéilt ufänken, an dat ass och zum Schluss gesot ginn: Ech fannen et – an dat soen ech ganz däitlech, dat hutt Dir gesot –, dass et schwiereg bis net ze toleréieren ass, dass een hautdesdaags eng Decisioun muss treffen, ob ee wëll eng Famill grënnen als Fra oder ob ee wëll an dësem Metier, an dësem Secteur weiderschaffen. Dat, fannen ech, geet net. Dozou stinn ech, dozou sti mir als Regierung an dat ass eng Prioritéit, an dat soen ech hei, fir do och iwwert déi nächst Jore virunzekommen. Wann ech dat soen, da sinn ech och direkt bei der Jugend, beim BTS, an dat ass och mam Educatiounsminister schonn ugeschwat gi fir déi aktuell BTSen, déi mer hunn, iwwert déi mer geschwat hunn, fir do ze kucken, ob et Méiglechkeete gëtt, fir deen ze adaptéieren an auszebauen. Do ginn et, Stand haut, keng Garantien, ech kann Iech awer soen, dass do Gespréicher lafen, an do wäerte mer och beschtefalls ufangs nächst Joer kënnen éischt Diskussioune féieren, a wat fir eng Richtung dass dat ka goen.

En anere wichtege Punkt – an dat ass am kulturelle Secteur, an dat wësse mer alleguerten, e groussen Challenge, eng Erausfuerderung – ass natierlech dee finanziellen Aspekt. Ech sinn der Meenung, an dat ass natierlech och der Politik hir Responsabilitéit, meng Responsabilitéit, dass een an engem kreative Beruff sech soll op dat kënne konzentréieren, ëm wat et geet, d'Kreativitéit, d'Passioun, den Engagement, an net, fir all Dag all Euro dräimol mussen ëmzedréien, fir ze kucken, ob ee säi Loyer ka bezuelen an ob de Frigo gefëllt ass. Dat soen ech ganz däitlech. Och dat, soen ech Iech, ass e ganz, ganz groussen Challenge, mee do stinn ech awer hei virun Iech als Äre Minister an – dat ginn ech dem Direkter nach eng Kéier mat op de Wee, mir hate schonn driwwer rieds: Mir wäerten och mam Filmfong eng Kéier gesinn, ob mir do nach Méiglechkeeten hunn, fir iwwer déi nächst Jore Schrauwen unzepassen, fir zesumme mat Iech, den Associatiounen, am Dialog ze kucken, wéi mer weiderkommen. Och do, an dat soen ech hei ganz däitlech, ginn et keng Verspriechen, mee ech si mer do der absolutter Urgence bewosst an do musse mer virukommen.

Ech wëll och ee Wuert zur KI soen, dat ass ugeschwat ginn, an do hunn ech eng ganz däitlech Meenung. Ech huelen alles zur Kenntnis, wat gesot ginn ass. Donato, du hues do eng ganz kloer Meenung, mir haten och scho méi wéi eng Kéier doriwwer rieds, ech sinn awer ganz kloer der Meenung – an do sinn ech beim Direkter –, dass mer eis deem ganzen technologesche Fortschrëtt net kënne verschléissen. Mir hunn do Contrainten, et si vill Ängschten hei am Raum, déi ech och absolut verstinn, do ass et eise Rôle, dem Filmfong, dem Ministère säin, fir Reegelen ze schafen, dat och mat de Partner och am Ausland. Do ginn et um europäeschen Niveau och schonn déi verschidde Pisten. Ech kann Iech awer just soen, dass ech mer do wäert vill Gedanke maachen, och mat Iech zesummen, mee dass mer eis do, Stand haut, net kënne verschléissen an dass mer dat mussen an aller Däitlechkeet an an aller Rou mussen analyséieren, fir och do den Zuch net ze verpassen.

En anere Punkt: Ech war zu Venedeg rezent, wou mer ganz gutt ewechkomm sinn, an dat wëll ech hei och nach eng Kéier ënnersträichen an deenen, déi do matgewierkt hunn an de Lëtzebuerger Secteur vertrueden hunn – a wou mer jo gewonnen hunn, fir et einfach mol riichteraus ze soen –, e ganz, ganz grousse Merci soen an op dëser Plaz och nach eng Kéier felicitéieren. Dat hunn ech deemools a Presenz vum Grand-Duc an der Grande-Duchesse gemeet an do hunn ech gesot, dass mer immens houfereg wieren an dass de VR an den AR eeben iwwer déi nächst Jore solle weider ausgebaut ginn.

Dozou stinn ech, ech fannen dat interessant, och do si mir bei enger Diversitéit, fir eise Secteur weider ze diversifiéieren. Ech hunn dono awer och direkt hannendrugesot, well ech hunn d'Reaktioun vu verschiddene Léit gesinn, dass et net dréms geet, de klassesche Film an d'Serien, vun deene mer haut och ganz vill geschwat hunn, ze vergiessen, guer a glat net. Ech sinn der Meenung, dass dat complementaire ass, dass mer zesumme mussen dat eent wéi dat anert ënnerstëtzen, an dat mat deenen néidege finanzielle Moyenen. Den Direkter huet et och gesot, et kann awer net sinn – an dat wëll ech och hei ganz däitlech ënnersträichen –, dass mer eis wëllen op de VR, den AR, deemno wéi de Gaming konzentréieren an dass mer de klassesche Film vernoléissegen. Dat ass guer a glat net de Fall.

Wa mer do vun enger finanzieller Ënnerstëtzung schwätzen, dann ass dat complementaire, supplementaire zu deem, wat mer haut schonn hunn. Dat heescht, et gëtt och do kengem eppes ewechgeholl, fir dat och hei an aller Däitlechkeet ze soen. An da wéilt ech op de sprangende Punkt kommen: Alles, wat ech erzielt hunn, hänkt leider gréisstendeels oder op ville Plaze mam Geld zesummen. Do kann een driwwer laachen, do kann een de Kapp rëselen, et ass leider och net ëmmer ganz einfach. Et ass awer, muss ech soen, d'Realitéit, an dat mierke mer och an de Budgetsverhandlungen, an deene mer grad sinn.

Ech brauch Iech och hei net laang ze erklären, dass net nëmmen de Kulturminister, mee och aner Ministeren amgaange sinn, ze probéieren, méi Geld ze kréien, fir eeben och an deenen haitegen, net ëmmer ganz einfachen Zäiten hir Secteure beschtméiglech ze ënnerstëtzen, an do si mir bei enger Augmentatioun vum Budget. Mir haten dat virdru schonn an der Kaffispaus geschwat mam Här Steil, mir sinn hannendrun. Ech stinn zu deem, wat ech viru sechs Méint gesot hunn. Ech stinn zu deem, wat am Koalitiounsaccord steet, wat eng CSV-DP-Regierung drastoen huet, dass mer iwwert déi nächst Joren an der Legislatur 23 bis 28 den audiovisuelle Secteur, Iech alleguerten, wëlle weider developpéieren, dass mer Iech weider wëlle stäerken an dat ass, jo, mat méi finanzielle Moyenen, fir och deenen Challengen, deenen Erausfuerderungen hei kënne Meeschter ze ginn. Ech kann op dëser Plaz, an dat soen ech awer och ganz däitlech, näischt verspriechen, ech kann hei näischt annoncéieren.

Mir haten déi lescht Deeg intensiv, interessant Gespréicher mat der IGF, mam Finanzminister, natierlech och mat engem Premierminister Luc Frieden, dee jo och hei an der Cotutelle ass, iwwert de Medieministère, a wou mer op der leschter Ligne droite sinn, fir de Budget ze finaliséieren, dee mer da wäerten ufangs Oktober an der Chamber presentéieren. Ech kann Iech soen, dass ech dozou stinn, dass ech mech zu all Moment mat menger Ekipp am Ministère, mam Filmfong derfir wäert asetzen, Iech beschtméiglech kënne weider ze ënnerstëtzen. Do wäerte mer eng jett derfir maachen, dat hoffentlech weiderhi mat Ärer Ënnerstëtzung, a wa mer dat alleguerten zesumme maachen, da sinn ech der vollster Iwwerzeegung, dass mer alles dat, déi Defien, déi mer haut ugeschwat hunn, zesumme mat Iech, mam Secteur, mat der Politik, och kënnen ugoen. Dat gesot, Iech alleguerten nach eng Kéier ganz, ganz grousse

Merci fir Ären Interessi, fir dësen oppenen, konstruktiven Dialog. Mir ass dat heite ganz wichteg, mir wäerten dat heiten och bäibehalen. Mir wäerten alles dat, wat och elo hei diskutéiert ginn ass, natierlech och analyséieren, evaluéieren, dat gëtt opgeschriwwen, dat wäerte mer dann och dem Secteur natierlech zoukomme loossen an dat wäert ganz, ganz wichteg sinn, fir dann iwwert déi nächst Méint a Joren dann natierlech och an d'Politik a meng Decisioune mat afléissen ze loossen. Dat gesot, hunn ech vum Direkter gesot kritt – an dat ass ëmmer e Pleséier, wann een als Leschte schwätzt –, Iech op de Patt däerfen ze invitéieren. Dat ass op där anerer Säit am Pomhouse, wou ech mech da freeën, fir zesumme mat Iech nach e Patt ze drénken an dann och nach eng Kéier am Detail op verschidde Saachen anzegoen. Dat gesot, Merci an e schéine Mëtteg.